



tion continue garantéiert muss sinn, well d'Technik vun den Autoe jo permanent evoluéiert.

Ech mengen d'Gefor, datt elo vill Interessenten hei op Lëtzebuerg kommen, fir Kontrollstatiounen opzeriichten, dierft awer trotzdeem limitéiert sinn, wann een déi Contrainté kuckt, déi awer nach virgesi sinn.

Vläicht e puer kuerz Kommentarer nach zu eenzelnen Dispositiounen. Datt een Auto, deen elo frësch aus der Produktioun kënnt, net méi direkt muss op Sandweiler goen, ass, géif ech soen, eng Evidenz. Normalerweis geet ee jo dervun aus, eng Wuer, déi frësch higestallt ginn ass, datt déi net schonn direkt technesch Defiziter opweist.

Mir begrëssen et och, datt elo déi éischt Visitt net méi no dräi an engem hallwe Joer muss sinn, mä datt dat op véier Joer eropgesat gëtt. Ännelech Argumenter kann een och uféiere fir d'Eropsetze vu sechs Méint op ee Joer fir Camionen, Autocaren an Autobussen.

Et ass och hei schonn iwwert déi historiesch Autoe geschwat ginn. Effektiv soll een dat net a priori als e Fortbewegungsmëttel gesinn, mä et ass u sech e wichtege Bäitrag och zu eisem kulturelle Patrimoine, ouni Zweifel. An datt och do, wéi gesot, Verbesserungen ugestriift ginn, kënne mir nëmme begrëssen.

Wat d'Bestëmmungen ubelaangt, déi ee muss erfëllen, fir kënnen en Agrément ze kréien, do gëtt jo ënner anerem och drop higewisen, datt een à titre principal muss déi Aktivitéit ausféieren. Och do wär et vläicht awer wichtig, datt een dat géif nach méi detailléiert duerstellen. Wat heescht dat am Kloertext, deen „titre principal“?

D'Chambre de Commerce huet eng interessant Remarque gemaach. Och déi soll ee sech trotzdeem iwwerleeën. Si huet gesot, et soll een net u sech den Alter vum Auto a priori als Kritär huelen, weéni ee muss an d'Kontroll goen, mä éischter vläicht de Kilométrage. Och datt ass eng Iwwerleeung, déi et derwäert ass, sech vläicht eng kéier doriwwer zousätzlech Gedanken ze maachen.

Ech mengen, als Konklusioun kann een ouni Zweifel hei zrëckbehalen, datt mer e qualitative Sprong maachen, wat d'Gestioun vun dem Fuerpark ubelaangt. Et ass e gutt Gesetz. Et ass eng Combinaison, kann ee soen, zwësche fräiem Maartdenken, rasonabelem Handeln, awer trotzdeem och enger Portioun Opsicht vum Stat, déi nach wie vor hei muss garantéiert sinn. Bref, insgesamt ass et eng biergerno Reform, déi mat Sécherheet och dobausse wäert op positiv Resonanze falen.

Ech wëll vläicht zum Schluss awer nach eng Remarque maachen. Dat Gesetz staamt aus dem Joer 1955. Dat kléngt ëmmer esou anachronistesche. Dofir meng Fro, ob mer net sollen awer, wa mer erëm eng kéier un dat Gesetz bastelen ginn, an et wäert jo och keng Éiwegkeet méi daueren, deen Texte coordonné dee Moment vläicht nei nennen an em och méi en adaptéierten Datum ginn. Iergendwéi kléngt dat, wéi gesot, awer ëmmer esou e bëssen aus dem viregte Jorhonnert praktesch, wann een deen Datum do héiert.

Awer onofhängeg dovun nach eng kéier d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei an awer och de Merci un d'Madamm Lorsché fir hiren exzellente Rapport.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Graas. An d'Wuert huet elo den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kollegeen, mir liewen an engem Zäit-Raum-Kondominium, well et ass e bëselche relativ, wat lues oder séier ass. Den Här Graas huet elo grad gemengt, hei wär séier reagéiert ginn op déi Mëssstänn zu Sandweiler. Ech nennen et einfach elo emol „Sandweiler“, wéi am Volleksmond. Ech mengen awer, säit ganz ville Jore gi ganz vill Bierger geplot duerch dee Contrôle technique.

Schonn den 31. Oktober 2008 huet eisen ADR-Kolleg Roby Mehlen deemools en parlamentaresch Fro gestallt un den deemolegen Transportminister Lucien Lux, wéi héich hien de Schued, deen eiser Ekonomie entsteet duerch déi laang Waardezäiten, pro Joer géif aschätzen. Op déi Fro hat den Här Lux keng Äntwert. Den Här Mehlen huet och nach gefrot, ob dat, wat hei zu Lëtzebuerg wier mat deem Contrôle technique als Statsmonopol, net géif géint europäesch Wettbewerbsregele verstoussen. Dat huet den Transportminister deemools net esou gesinn.

Ech denken awer, datt deen Text effektiv en organiséierte Statsmonopol war. Wann ee seet, de Minister kann e Contrôle technique autoriséieren, mä, da musse folgend Konditiounen

erfëllt ginn, an dat war notament, datt ee misst landeswäit Pistes de contrôle opbauen - natierlech léisst een dann enger Konkurrenz kee Choix méi.

Mir sinn extrem frou, an duerfir stëmme mer och dësen Text mat grousser Freed, datt dee Monopol hei elo, zumindest emol am Text, gebrauch gëtt an an Zukunft och aner Organisme wéi TÜV oder DEKRA, déi dat och ganz gutt maachen, kënnen hei zu Lëtzebuerg de Contrôle duerchféieren. Dat wäert bestëmmt derzou féieren, datt d'Waardezäiten erofginn, datt d'Präisser net an d'Luucht schnellen an datt d'Leit de Choix hunn, och frëndlech zerwéiert ze ginn.

Fir de Rescht gëtt gesot vun der Madamm Rapprtrice, déi effektiv e ganz gudden a komplette Rapport gemaach huet, si huet hir Ried ugefaangen dermat, datt se seet: „Am Regierungsprogramm hu mer décidéiert, déi Problematik do unzegoen.“ Dat mag ganz richtig sinn, mä dat war, wéi d'Direktiv 2014/45 schonn dolouch, dat heescht, et war kloer, datt een dat dote misst ugoen. Et war also elo net eng Heldentat vun dëser Regierung, fir ze soen: „Elo maache mer emol eppes zu Sandweiler.“

Am Contraire! Déi Direktiv gëtt hei iwwerëmgesat, wéi esou oft. Ech hat eigentlech gemengt, mir wieren eis duerch d'Bänk allegueren eens, datt mer géife soen, mir setzen d'Direktiven nach just a minima ëm, „la directive, rien que la directive“, mä hei gëtt alt nees net profitéiert vun deem Spillraum, deen d'Direktiv eis gëtt.

Zum Beispill géif d'Direktiv eis de Spillraum ginn, no deene véier Joer, wann deen éischte Contrôle gemaach gëtt bei den Autoen, op eng Périodicitéit vun zwee Joer ze goen. Aus iergendengem Grond, deen ech net kann novollzéien, gëtt gesot, mir profitéieren dovun nëmme bei der éischter Kontroll, dat heescht sechs Joer, an duerno muss den Auto all Joer an d'Kontroll. Wéi gesot, do hätte mer kënne soen, och duerno all zwee Joer, wat jo alt nees eng kéier méi biurgerfrëndlech gewiescht wär, ouni wierklech d'Sécherheet a Fro ze stellen. Ech mengen, en Auto, deen duerchgeet duerch de Contrôle, dee jo streng ass, an dee verkéierstüchteg ass, deem geschitt normalerweis an deenen zwee Joer näischt, wat dat verhënnert.

Och bei de Voitures historiques: Ech mengen, ech si ganz frou, datt Autoen, déi vu virum 1. Januar 1950 sinn, guer net méi mussen an de Contrôle goen. Mä en Oldtimer ass jo en Oldtimer no 30 Joer, laut Direktiv. Dat heescht, da leie mer bei 1985. An d'Fro ass: Wat ass mat deenen Autoen vun 1950 bis 1985?

Do ass elo eng Périodicitéit virgesi vun zwee Joer. Och dat schéngt mer relativ héich. Well och do gëtt et ganz vill Ween, déi jo nëmme bei ganz speziellen Okkasiounen erausgehoen ginn oder am Summer eng kéier spadséiere gefouert ginn. Och do hätt ee kënnen, a mengen Aen, méi liberal sinn.

Eppes, wouriwwer guer net geschwat ginn ass, sinn d'Placken. Si gi ganz kuerz ernimmt, datt eben dee System u sech fortgefouert gëtt, datt ee speziell Immatriculationen huet.

Och hei hätt ech mer gewënscht, nach méi eng grouss Liberalitéit un den Dag ze leeën. Wa mer kucken, bei eise belsche Kollegeen ass et elo méiglech, souguer Placken ze hunn, déi net an deem sturen alphanumeresche System sinn: zwee Buschtawen, véier Zuelen oder esou. Eng Immatriculation ass jo just do, fir een Auto ze erkennen, wann eppes geschitt, datt een en Auto ka mellen. A firwat sollt dat net och kënne sinn: iergendee Lieblingswuert, den Numm vu mengem Hond oder, wann ech en Unhänger si vun dëser Regierung - wat ech net sinn -, Gambia?

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Do mat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. D'Wuert huet elo direkt den Nohaltegeektsminister, den Här François Bausch.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Fir d'Éischt Merci der Rapportrice fir hire gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport an och alle Kollege fir hir Interventiounen a virun allem och fir déi breet Zoustëmmung hei. Dat Gesetz schéngt jo dann à l'unanimité gestëmmt ze ginn, wat mech fret.

Et ass e wichtegt Gesetz. Et ass e Gesetz, wat fir d'Bierger eppes bréngt. Mä et ass awer och e Gesetz, wat fir d'Betribler vill bréngt. An et ass awer och e Gesetz, dat wëll ech och derbäi betounen, well dat ass net onwichtig, wat awer d'Sécherheet garantéiert. Well heiandsdo huet

een e bëssen d'Impressioun, wann ee verschidde Leit héiert hei schwätzen, wéi wann de Contrôle technique just eng Schikan wär fir d'Leit an am Fong bal eppes Iwwerflësseg wär an een am beschten hätt, et géif een et ganz ofschafen. Ech wëllt awer duerfir drun erënneren, datt esou e Contrôle technique extrem wichtig ass, well et geet drëms ze kucken, datt déi Autoen an engem uerdentlechen Zoustand sinn an datt eben d'Stroosseecherheet domat och garantéiert ass.

Mä dat awer gesot, wéi gesot, freeën ech mech iwwert déi unanime Zoustëmmung. Ech wëll och soen, datt, wann hei gesot gëtt, d'Regierung hätt hei kee Mérite quasi drun, et wier souwisou eng europäesch Direktiv, déi hätt misse ëmgesat ginn: Dat ass richtig, et ass eng europäesch Direktiv hei hannendrun, mä mir hunn awer hei nach méi légiféiert wéi dat, wat an där Direktiv steet.

Mir hunn insgesamt déi Reform esou ausgeriicht, datt se der Spezifitéit vu Lëtzebuerg Rechnung dréit. An natierlech geet et och drëms ze kucken, datt mer am Service de Contrôle technique nach eng besser Performance kréien, nach méi e Service au client kréien. Ech mengen hei, an dat ass dee wichtigste Punkt mam Gesetz niewent dem Fait, datt natierlech d'Périodicitéiten erofgesat ginn, wat den normale Bierger dobaussen elo a priori direkt am meeschten interesséiert, ass et esou, datt mer elo dee Marché komplett hei liberaliséiert hunn. Dat heescht, datt och méi einfach anerer kënnen zu Lëtzebuerg, wéi gesot, Contrôle-techniquen opmaachen, sech agréiere loosse.

A fir dann direkt op déi Fro ze äntwerten, déi gestallt ginn ass, vum Här Negri mengen ech, mat: Wat geschitt, firwat? Wëllt Sandweiler nach vläicht aner Statiounen opmaachen, sech méi regional implantéieren? Ma dat huet domadder ze din, well een awer muss dermat rechnen, datt ka Konkurrenz kommen an datt, wann natierlech mer méi no beim Client sinn an de Regiounen, bei den Uertschaften, da kënne mer e bessere Service au client maachen. An dat ass natierlech desto méi wichtig, wann ech gär hätt, datt ech meng Clienté bei mir behalen.

Ech mengen, dat ass am Fong de Parallelismus dovunner. Also déi ganz Strategie de Moment vun „Sandweiler“ - fir et dann emol esou ze nennen, wéi dat och gesot gëtt am Volleksmond, wat de Moment net méi grad richtig ass en fonction vun der Struktur, wéi et haut opgebaut ass, mä dat ass egal, da versteet jiddwereen, ëm wat et geet -, déi een also de Moment sech wëllt ginn, dat ass eben, fir ze kucken, sech op déi nei Situatioun och anzustellen an, wéi gesot, ze kucken duerch verschidde Saachen, déi gemaach ginn, wéi ënner anerem nach weider Statiounen, méi regionaler, fir dann nach e bessere Service au client kënnen ze maachen.

Ech muss och soen, datt ech iwwerrascht sinn iwwer Aussoen, datt gesot gëtt, mir hätten hei missen oder mir hätten hei sollen „la directive et rien que la directive“ applizéieren, an da gëtt d'Beispill grad geholl beim Privatauto, wou gesot gëtt, véier Joer an zwee Joer an dann all Joer, an do hätt ee sollen all zwee Joer soen.

Ech wëll awer emol eng kéier drop hiweisen, datt no sechs Joer deen Auto da sechs Joer al ass. An et weess een hoergenee - niewent dem Fait, datt zu Lëtzebuerg déi weéngst hir Autoe méi wéi fënnf Joer halen, dat ass emol nach en anerem Aspekt -, mä et ass awer och esou, sechs Joer ass déi Périodicitéit, wou dann d'Autoe wierklech ufänke Problemer, Pépinnen ze kréien a wou et dee Moment och grad ufänkt wichtig ze ginn, datt da Kontrollen eben, datt dann de Contrôle technique gemaach gëtt. Also et geet, wéi gesot, hei ëm Sécherheet an et geet net nëmme drëms, einfach belibeg Périodicitéiten eropzesetzen.

Dann ass och nach gefrot gi vum Här Negri, wat d'Garagen ubelaangt, d'Kontrollen an de Garagen: Dat sinn der haut 28. Dat wäert och no der Reform bleiwen. Et ass och souguer esou, datt hei duerch d'Reform eng gewëssen Obligatioun jo kënnt, fir datt dat Organismes agréés ginn. Dat heescht, datt mer och iwwert d'Garagen, géif ech soen, an Zesummenarbecht vun de Garag mat Sandweiler eng besser geografesch Couverture nach kënne kréien.

Den Här Graas hat och nach gefrot, wat d'Formatioun ubelaangt vun deenen Inspekteren. Dat ass an der Direktiv esou virgesinn an och souwisou hei am Text iwwerholl ginn. Duerfir ass dat dann deementspriedend och esou ofgeséiert.

Ech wëll dann och nach soen, datt et eigentlech net meng Prioritéit war, mech ze beschäftegen an deem Projet hei mat Placken an ob d'Leit wëilten en Numm vun engem Hond op eng Plack schreiwen. Dat ass net dat, wat mech beschäftegt. An ech mengen, et ass och net

dat, wat wierklech d'grouss Prioritéit misst si vun enger Regierung.

D'Regierung kuckt dono, datt mer hei e Gesetz maachen, wat eis éischters fir d'ekonomesch Akteure vill wäert bréngen. An ech mengen, am Januar ass den Autofestival, an da wäerten natierlech d'Verkeefer frou sinn, wa se virun allem bei dem Contrôle de conformité, deem éischten, also wann nei Autoe verkaaft ginn, net méi brauchen dat heiten ze maachen, well mer eis do ugepasst hunn op d'Nopeschlänner.

An deementspriedend, wéi gesot, bréngt dat Ganz och fir den Transportsecteur eppes en général duerch verschidde besser, méi gönschteg Périodicitéiten, an natierlech fir de Bierger dobaussen, well ënnert dem Stréch dat hei wäert och hëllefen herno, datt mer nach e Schratt weider ginn, fir datt mer méi konnefrëndlech ginn an deem heite Beräich.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister.

Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6715 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6715 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6715 ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Enthaltungen ugehoen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt), Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner (par M. Serge Urbany).*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann direkt zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6761, eng Ëmsetzung vun der Resoloutioun 2178 vum UN-Sécherheetsrot. D'Riedezeit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet direkt d'Madamm Rapportrice Viviane Loschetter.

**4. 6761 - Projet de loi modifiant le Code pénal et le Code d'instruction criminelle aux fins de mettre en œuvre certaines dispositions de la Résolution 2178 (2014) du Conseil de Sécurité des Nations Unies**

**Rapport de la Commission juridique**

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6761 ass de 7. Januar dëst Joer déposéiert ginn. Den 21. Januar huet de Justizminister dëse Projet de loi a sän Historique an enger Commission juridique presentéiert. Den 19. Mee krute mer en éischten Avis vum Statsrot. Den 11. November sinn ech vun der Kommissioun als Rapportrice designéiert ginn. Den 18. November hu mer an der Commission juridique d'Analys vum Avis vum Statsrot duerchgehoen.

Mir hunn de 25. November en Amendement parlementaire gestëmmt, e klengen Amendement parlementaire gestëmmt. Mir kruten





duerno en Avis complémentaire vum Statsrot den 8. Dezember a mir hunn duerno den 9. Dezember de Rapport an der Kommissioun ugeholl.

D'Resolutioun 2178, dat ass d'Originn vun dem Projet de loi, ass am Conseil de Sécurité vun der UNO de 24. September 2014 ugeholl ginn. An domadder hu mir als État membre vun der UNO eng Obligatioun, dës Resolutioun an ons national Legislatioun ëmzesetzen.

D'Resolutioun vun der UNO ass eng Reaktioun vun der internationaler Communautéit op Daech, op dat, wat genannt gëtt den „État islamique“, a méi prezis op de Phénomène vun den „foreign fighters“ an och méi prezis op de Phénomène, datt Leit encouragéiert ginn, an dës Géigende vum Daech ze goen, an och eben encouragéiert ginn, och ermëzkommen a gegebenfalls dann och hei - net nëmmen dohannen, mä och hei - terroristesch Akten ze preparéieren, ze organiséieren an duerchzezéien.

D'Resolutioun ënnersträicht, datt et sech bei deenen Akte vun Daech ëm nei Methoden handelt, en neie Modus Operandi, an datt et dofir nei Reaktiounen brauch. An dofir ännert dës Projet de loi och d'Artikelen 135-11 bis 135-17 an den Artikel 112-1 vum Code pénal (veuillez lire: d'Artikelen 135-11 bis 135-17 vum Code pénal an den Artikel 112-1 vum Code d'instruction criminelle).

Just eng kleng Klammer: D'UNO-Resolutioun huet och eng ganz Rëtsch vun - wéi soll ech dat soen? - net strofrectleche Moossname virgesinn, déi natierlech elo net hei an deem Projet de loi sech ermëfannen, well mer dofir net musse légiféréieren, op jidde Fall net am Code pénal musse légiféréieren.

De Procureur général huet den 2. Abrëll 2015 säin Avis ginn. E seet a sengem Avis notamment, datt de Projet de loi, ech zitieren, «fort modéré» ass a senger Ëmsetzung par rapport zu deenen anere Länner aus der Europäescher Unioun a vun der internationaler Communautéit, spréch vun den États membres vun der UNO. Mä en ënnersträicht och de fundamentale Paradigmewissel duerch de Fait, datt et mat deem Projet de loi elo méiglech gëtt, e Verhalten, eng «intention de commettre un acte terroriste» strofrectlech ze verfollegen. D'Justice pénale kritt domadder en - entre guillemets - „preventive Charakter“.

De Procureur général ënnersträicht a sengem Avis d'Wichtigkeet vum integralen Erhale vun elementare Wäerter wéi, an ech zitieren déi siwen, déi hien och zitëiert huet: d'Présomption d'innocence, d'Exigence de la preuve suffisante, den Droit à un procès équitable, d'Publicité des débats, d'Transparence an d'Égalité des preuves, d'Motivatioun vun der Décisioun an och den Droit fir Appell ze maachen. An e freet sech, de Procureur général, ob dës Wäerter duerch déi nei Mesurë riskéieren, eventuell ze kuerz ze kommen.

D'Commission consultative des droits de l'Homme huet hiren Avis den 22. Juli ofginn. En gros, fir et kuerz ze maachen, ralliiert sech d'Commission consultative un déi Remarquen, déi och de Procureur général virdrun ausgedréckt hat.

D'Commission consultative des droits de l'Homme ënnersträicht nach derbäi d'Wichtigkeet vum Prinzip, datt all Mesurë, fir géint den Terrorismus ze kämpfen, de Prinzip vun der Proportionalitéit muss respektéieren. Si ënnersträicht zousätzlech, datt de Verbuet, fir d'Land ze verloossen, net dierf zu diskriminatoresche Situatiounen féieren. Ech kommen herno nach drop zrëck. Fait ass, déi Artikelen - déi de Verbuet, fir d'Land ze verloossen - concernéieren eigentlech just d'Leit, déi hei wunnen, enfin d'Leit, déi eng Lëtzeburger Nationalitéit hunn.

De Statsrot beschäftegt sech a sengem éischten Avis och ausfierlech mat dem preventive Charakter vun deem Projet de loi an notamment mat der Konditioun vun der Preuve positive, datt d'Konditioun vun der Preuve positive net méi ëmmer néideg wier.

**(Mme Simone Beissel prend la présidence.)**

De Conseil d'État mécht och eng Analys iwwert d'Weiderbestoe vum Élément matériel a vum Élément moral bei dësen neie Forme vun Infraktiounen. De Conseil d'État ënnersträicht, datt mer hei zu Lëtzebuerg derfir gesuergt hunn, datt all Moossnam vun dëser Resolutioun an dat klassesch Strofrecht, also an de Code pénal integréiert gëtt, wat dem Justiciable e Maximum u Garantie gëtt. An de Statsrot begréisst dat och.

Bei der Analys vun den Artikelen 135-12 an 135-13 - ech kommen herno nach drop zrëck - ënnersträicht de Statsrot, datt et wichteg ass, datt den Élément moral kloer bewise muss ginn. Dat heescht, datt d'Intentioun muss do sinn, de Fait, datt dës nei Infraktiounen en connaissance de cause geschéien.

An de Statsrot konkluéiert, an ech zitieren (veuillez lire: an ech zitieren aus dem Rapport): «L'exercice relève d'un délicat équilibre entre la sauvegarde de la liberté d'expression et la lutte contre la menace terroriste.»

Den Artikel 135-11 erlaabt et, all Incitatioun au terrorisme sur un lieu public ou non public, soubal et mindestens zwee Mënsche sinn, awer och op de virtuelle Plazen, dat heescht virun allem op de soziale Medien, um Internet, ze bestrofen.

Den Artikel 135-12 bestrooft och de Fait, datt eng Persoun en connaissance de cause un esou Treffe participéiert, en vue fir sech ze radikaliséieren.

Den Artikel 135-13 bestrooft déi Persoun, déi en connaissance de cause - dat heescht, d'Intentioun muss bestoen! -, déi en connaissance de cause sech forméiere léisst oder un engem Training participéiert, en vue vun oder fir en Acte de terrorisme ze organiséieren, ze preparéieren oder ze begoen.

Den Artikel 135-14 bestrooft d'Intentioun, en Acte de terrorisme virzebereeden. Dobäi zielen d'Conditions cumulatives, fir kënnen dës nei Infraktioun wouerzehuelen.

De Statsrot mécht iwwregens d'Bemierkung, datt sech bei deem Artikel 135-14 un dem franséische Code pénal inspiréiert ginn ass. Mä a Frankräich ass dës Dispositioun eng vun der Police administrative, wat hei zu Lëtzebuerg ausdrécklech net gewünscht war an och net esou ëmgësat ginn ass.

Den Artikel 135-15 an den Artikel 135-16 bestrofen de Fait, d'Land ze verloossen, fir sech an eng Géigend ze beginn, wou en Terrorakt preparéiert, organiséiert oder duerchgezu gëtt. Domadder ass gemengt déi Places, déi Théâtres, déi mer kennen, wou Daech, wou de sougenannten IS sech befënnen.

An dann den Artikel 135-17 gesäit Sanktiounen vir fir d'Infraktiounen aus den Artikelen 135-11 bis 135-15, an zwar tëschent engem an aacht Joer Prigong an eng Geldstrof tëschent 2.500 an 12.500 Euro.

Deeselwechten Artikel gesäit och d'Strofe fir d'Infraktiounen vum Artikel 135-12 bis 135-15 vir, wann et sech ëm eng Persoun mat Lëtzeburger Nationalitéit handelt. An deem Fall kann d'Strof e Verbuet sinn, fir d'Land ze verloossen, an dat fir maximal ee Joer. An deem Fall muss dës Persoun dann och souwuel hire Pass, wa se een huet, wéi hir Carte d'identité ofginn. An deem Sënn gëtt dann och den Artikel 112-1 vum Code pénal (veuillez lire: Code d'instruction criminelle) adaptéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. An ech ginn domadder och den Accord direkt vun der grénger Fraktioun zu deem Projet de loi.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci der Madamm Rapporteur Viviane Loschetter. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'Éischt der Madamm Loschetter villmools Merci fir hire schrëftlechen a mündleche Bericht. Et ass net esou einfach, komplizéiert Justizprojeten ze explizéieren, mä Dir hutt dat awer wierklech ganz prezis a gutt gemaach.

Et geet näamlech hei net...

**(Interruption)**

Neen, neen, neen! Et geet hei ëm eng wesentlech Verschäerfung vun eise Strofgesetzer, an deem spezifesch Fall iwwert d'Bekämpfung vun dem Terrorismus. An et ass schonns déi véiert Annerung, déi mer an eise Code pénal maachen, no den Attentater vun 2001, vun 9/11.

An ech soen dat direkt: D'CSV wäert, trotz verschiddene Bedenken, dës Gesetzesprojet stëmmen, well - d'Rapportrice huet dat virdru gesot - et ass eigentlech eng international Verflüchtung, déi mer an enger UNO-Resolutioun, fir deen doten Deel, agaange sinn, also wou mer eigentlech eng Obligatioun hunn, fir eis Gesetzer och an Aklang ze bréngen.

Ech muss och soen, dass deen aktuelle geopolitische Kontext a virun allem déi Attentater zu

Paräis, mengen ech, och verlaangen, fir d'Afféierung vun dësen neie Strofbestëmmunge virzehuelen.

Ech soen awer gradesou daitlech, dass et d'Aufgab ass als Deputéierten, dass mer dat de Bierger och mussen dobausse soen, wat déi eigentlech Tragweid vun dëse Bestëmmungen och fir eise gesamte Code pénal, also fir eist generell Strofrecht ass.

Dofir vun eiser Säit e puer Remarquen.

Ech mengen, et muss ee scho soen, dass et hei e Paradigmewissel vun eise Strofrecht ass. Den Text gëtt och net zu Onrecht, an dat huet d'Madamm Rapportrice virdru gesot, kritiséiert eigentlech vum ganzen drëtte Pouvoir, näamlech vun dem Procureur, iwwert de Procureur général, dem Untersuchungsriichter, der Cour de Justice, toutes chambres réunies, Cour supérieure de Justice, wat eigentlech en exzeptionelle Virgank ass, an net zulescht och vun der nationaler Mënschrechtskommissioun.

De Kampf géint den Terrorismus gëtt och do vun dem drëtte Pouvoir sécherlech net a Fro gestallt, well déi nei Forme vum Terrorismus - an et geet hei ëm nei Forme vum Terrorismus, d'Madamm Rapporteur huet et ënnerstrach -, déi verlaangen och ugemosses Mëttelen, fir dës nei Formen ze bekämpfen.

Mä d'Bedenke vun de Justizautoritéiten an der Mënschrechtskommissioun, déi gi virun allem ëm d'Erhale vun de Grondprinzipie vun eise Rechtsstat! An d'CSV, soen ech och kloer an daitlech, mir kënnen déi Bedenken, déi ugemellt goufen, och novollzéien, well mir bewegen eis mat dësen Texter dach, mengen ech, un der Limit vum der Verhältnisméissegkeet an och vun dem Prinzip vun der Onscholdsvermuddung.

Dës Projet de loi ass, fir et da gelinde ze soen, eigentlech e Schrëtt, am Domän vum Terrorismus, praktesch an d'Richtung vum „Tout pénal“, zwar limitéiert op dee Wierkungsberäich. Mä ech muss awer soen, Här Minister, dass grad ee grénge Justizminister dës strofrectleche Moossname proposéiert, par la force des choses, ass dach e bësse verwonnerlech! Well ech stelle mer eigentlech déi méi oder manner hefteg Kriticke vir, wann déi gréng als Oppositionspartei mat deem Gesetzesprojet konfrontéiert wieren an et wier e konservative Justizminister, deen dës Projet abruecht hätt.

Well, Dir Dammen an Dir Hären, mir geheien eigentlech hei e puer Grondprinzipie vun eise Strofrecht wierklech op d'Kopp. Firwat? Mä dozou eng Rei vun Explikatiounen.

Eng Strofdot, déi setzt sech bei eis eigentlech traditionell zesummen aus engem sougenannten „élément matériel“, also dem eigentlechen Tatbestand, derzou kënnt - an dat gëtt heiansdo vergiess - déi sougenannt „imputabilité psychique“, dat heescht, de Willen oder zumindest d'Akzeptanz, dass een déi Strofdot begeet. An et ass an eise generelle Strofrecht de Prinzip, dass eigentlech nëmmen, wann déi zwee Elementer, dat heescht, den Élément matériel an den Élément psychique, zesumme gi sinn, déi Strofdot och ginn ass.

Derniewent, an do geet et hei speziell drëms, muss een awer och d'Elementer vun der Tentative, also dem sougenannte Versuch vun enger Strofdot, kloer definéieren. Esou e Versuch, dee besteet bei eis an dem Strofrecht bei enger Handlung, déi zu enger Strofdot féiere soll an déi ech och wëll begoen, mä et sinn eigentlech ausserlech Émstänn, déi maachen, dass déi Handlung net zum Zil féiert. Briechen ech - fir e konkret Beispill ze ginn -, an en Haus an, fir eng Waff ze klauen, mä et ass keng Waff do an ech maache mech duerfir ermë ewech, dann ass dat versichten Abrochdeifstall.

Am Konträr dozou si sougenannt „actes préparatoires“ net strofbar. Zum Beispill ech kafen an engem Supermarché oder an engem Baumaart eng Leeder, fir an en Haus anzubriechen. Eleng de Kaf vun der Leeder ass als solchen net strofbar. Dësen Acte préparatoire, an dat gëtt bei eis am Strofrecht esou ugesinn, dee läit näamlech vill ze vill wäit virun der eigentlecher Strofdot. An dat war bis elo bei eis iwwer 200 Joer, zënter de Codes Napoléon - Codes mat „s“ -, feste Bestanddeel vun eise Strofrecht. An onzieleg Juristen, oder déi sech dozou beruff fillen, déi goufen dat eigentlech och ëmmer esou geléiert.

Mä, Dir Dammen an Dir Hären, dat ännert sech elo bei deem Gesetz, well strofbar am Kontext vun dem Terrorismus sinn an Zukunft Handlung wéi e Message iwwer elektronesch Medien ze diffuséieren, deen zu terroristeschen Handlungen incitéiert, ouni dass doduerch eng Gefor vun esou engem Akt géif bestoen. Datselwecht zielt fir eng Bedeelegung un engem Ausbildungscamp fir terroristesch Handlungen, ouni dass et konkret zu terroristeschen Akten duerno kënnt. Datselwecht zielt, wann ech mech fir terroristesch Aktivitéit rekrutéiere loosse, ouni dass et dozou, zu terroristeschen Handlungen, kënnt.

Schliisslech ass an Zukunft och schonns strofbar, wann ech mech parallel iwwert d'Methoden am Internet informéieren, fir terroristesch Akten ze begoen a gläichzäiteg och Informatiounen anhuelen - also ech widderhuelen: Informatiounen nëmmen anhuelen! - iwwert d'Iwwerwachung oder d'Präsenz vu Persounen op verschiddene Plazen. Dat Ganzt onofhängeg dovun, ob et zu terroristeschen Handlung kënnt oder net.

Mir kommen hei, Dir Dammen an Dir Hären, eigentlech zu enger sougenannter „justice prédictive“, wéi d'Madamm Delmas-Marty, eng unerkannt franséisch Penalistin, iwwregens och zu dëser UNO-Resolutioun sech ausgeschwat huet. Eist Strofrecht, dat kritt, wuelverstanen op engem limitéierte Punkt, mä hei de Charakter vun engem preventive Strofrecht.

Dat mécht opgrond vun deenen neie Formen, déi den Terrorismus huet, sécherlech Sënn, mä mir mussen eis awer och als Chamber bewosst sinn, dass mir hei eis wierklech un de Grenze vun dem Rechtsstat bewegen. An et wäert an Zukunft, an dat soll een och kloer an daitlech soen, vill Fangerspëtzegefill verlaange vun deenen Autoritéiten, déi herno dës Strofbestëmmungen ze applizéieren hunn.

D'Sécherheet, déi geet vir, well Sécherheet, dat ass fir d'Bierger dobaussen och en Deel vun der Fräiheet. Mä am Zweifelsfall huet de Schutz vun der Privatsphäre - a muss dat och ëmmer hunn - Virfahrt.

D'CSV bedauert duerfir, dass dës Gesetzesprojet elo aus deem ganze Pak vun den Antiterrorismusbestëmmungen erausgeholl gëtt. D'CSV hätt léiwer ee Gesamtbild gehat. An et wier och gutt gewiescht, wa mer déi Gesetzer hätte kënnen als Block verabschieden. Et hätt een dann d'Inzidenze vun de speziellen Ermittlungsmethoden kënnen erfassen, déi d'Regierung elo kierzlech an der Chamber hei virgestallt huet.

Well et ass dach komesch, wann elo op eemol Trojaner kënnen, well dat ass näamlech d'Konsequenz, agesat ginn, fir ze kucken, ob Persounen sech um Internet iwwert de Fonctionnement vu Waffen, d'Fréquentatioun vun öffentliche Plazen oder Gebaier renseignéieren. Dat wäert am Endeffekt e Risiko si vun der Conjonction vun deene Gesetzer, wat mer haut stëmmen plus déi speziell Ermittlungsmethoden, déi de Statsminister am Numm vun der Regierung viru Kuerzem an der Chamber virgestallt huet.

Wann d'Strofrecht elo schonns e preventive Charakter kritt, dann ass d'Grenzlinn och tëschent den Aufgabebiddern vu Polizei a Geheimdéngscht ganz flou. An do riskéiert och de Rechtsstat, sech schnell op dënnem Ais ze bewegen.

D'CSV fuerdert duerfir an deene Gesetzer, déi déposéiert goufen an déi mer mussen nach eingeeënd an der Justizkommissioun - do ginn ech dervun aus - och präwien, eng millimetergenau Beschriewung vun deenen Akten, déi déi eenzel Strofvorgangsautoritéiten au sens large, dat sinn d'Justiz an d'Police, kënnen an der Poursuite vun deene Strofdote setzen.

Wa mer d'Dier vum Pénal méi grouss opmaachen, muss och d'Strofverfolgung duerfir genauestens legitiméiert sinn an d'Akte vun der Strofverfolgung mussen ëmsou méi verhältnisméisseg zu hirem Zil sinn. Si mussen och enger strikter Kontroll ënnerleien a si musse virun allem fir de Bierger an hirer Gesamtheit novollzéibar sinn. Dat zielt fir déi direkt Poursuite vu présuméierte Strofdoten, déi sech op Lëtzeburger Territoire wäerten duerstellen, mä dat zielt awer och fir d'Kooperatioun mat auslännesche Justiz- a Polizeiautoritéiten.

An duerfir soen ech et nach eng Kéier, ech hunn et viru gutt 14 Deeg gesot, dass d'CSV et bedauert, dass parallel zu deem Gesetzesprojet net de Projet de loi 5759 haut zur Ofstëmmung kënnt. Et handelt sech hei näamlech ëm e Memorandum iwwert den Austausch vu Polizeidaten tëschent Lëtzebuerg an den USA am Kontext vum Terrorismus an anere schwéiere Strofdoten.

Bei der Analys vun deem Gesetzesprojet huet sech an der Justizkommissioun erausgestallt, dass zousätzlech zu deem Memorandum nach e Protocole confidentiel - ech widderhuelen: confidentiel! - ofgeschloss gouf, wou d'Prozedur vun deem Informationsaustausch festgeluecht gëtt an och, wat een an deenen zwee Staten, engersäits hei zu Lëtzebuerg an an den USA, ënner terroristeschen Handlung versteet. Fir d'Approbation vun deem Protokoll gëtt et bis haut nach kee Projet de loi d'approbation, menges Wëssens jiddefalls net.

Dës Virgoensweis verstéisst fir d'CSV géint den Artikel 37 - an dat hu mer och kloer an der Justizkommissioun gesot - vun eiser Verfassung, dee kloer seet: «Les traités secrets sont abolis.» Also et gëtt keng Geheimvertrëg.





D'CSV freet duerfir de Justizminister haut, wéi hie gedenkt, déi handwierklech Feeler, déi geschitt sinn nëmmen, erëm an d'Rei ze bréngen, fir dass dës Protokoll op enger zolitter verfassungsrechtlicher Basis kann applizéiert ginn. D'CSV wäert sech jiddefalls dergéint wieren, dass Geheimprotokoll sollen zur Applikation kommen, déi de Schutz vun der Privatsphär vun de Bierger wäerten a Fro stellen!

Här President, ënnert dem Virbehalt vun dëse rechtsstaatleche Considératione stëmmt d'CSV dës Gesetzesprojet, zwar ouni Begeescherung, mä mir stënnen en trotzdeem mat. An ech ginn lech duerfir d'Zoustëmmung vun der Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Roth. Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*). - Merci, Madamm Presidentin. Léif Kollegeinnen a Kollegen, dës Projet de loi ass den éischte vun enger Serie vun Accorden, vu Gesetzesvirlagen, déi d'Chamber an deenen nächste Méint wäert diskutéieren an ofstëmmen, déi d'Zil hunn, fir eise juristeschen Arsenal respektiv eis Kooperatioun bei der internationaler Terrorismusbekämpfung ze verstärken.

Déi aner Projekte si scho virdrun ugeschwat ginn, dat ass eise Memorandum of understanding mat den USA, en zweeten Accord de coopération iwwert d'Prévention vum Crime grave, och mat den USA. A schlussendlech kann een och an dat Ganz matafügen deen neie Projet de loi, deen d'Regierung deponéiert huet à la suite vun den Attentater zu Paräis, déi de Code d'instruction betreffen, respektiv natierlech geet och d'Reform vum Service de Renseignement an déi dote Matière mat eran, an eis Diskussiounen ronderëm eng Neiformuléierung vum Artikel 32.(4) vun der Verfassung mat dem Etat de crise respektiv d'Gesetz iwwert d'Protection nationale. Dat alles sinn Texter, déi thematesch eigentlech mat deem Ganzen hei zesummenhänken.

All déi Texter si bekannt, si leie vir, soudass ee schonn - do deelen ech net d'Meenung vu mengem Virspriecher hei - e Gesamtiwwerbléck iwwert dat Ganzt huet. Et si jo keng Texter, déi momentan net public wäeren, déi net déposéiert wäeren. Alles läit vir! An et gesäit een also schonn - och wann ee vläicht den allerdefinitivsten Text net kennt; dat kennt een eréischt, wann d'Chamber driwwer ofgestëmmt huet -, et weess een awer, wat déi Projekte sinn, déi mer ze debattéieren an ze diskutéiere kréien, soudass ech also mengen, dass ee schonn dat Gesamtbild gesäit.

Eng Thematik, wou ee soll kritesch bleiwen: Et fält mer ëmmer op, dass jee nodeem, wien hei dozou schwätzt, a besonnesch déi an der Opposition ëmmer e bësse méi kritesch sinn, wéi wa se an der Majoritéit sinn. Ech erënnere mech nach un d'Debatte vun 2003, wéi mer iwwert déi éischt Gesetzer zur Terrorismusbekämpfung hei geschwat hunn. Du waren d'Rollen e bëssen anescht opgedeelt. Mä et bleift, dass ee muss mat äusserster Virsicht - äusserster Virsicht! - un déi heite Reforme vun eisem Code pénal erugeen. Dat gëllt selbstverständlech och fir d'Reform vun eisem Code d'instruction criminel.

Lëtzebuerg, dat wëll ech awer hei kloer betounen, ass net Virreider an där ganzer legislativer Oprüstung, déi zënter 9/11 eigentlech och an Europa, vun Amerika net ze schwätzen, stattfonnt huet. Mir sinn en enger grousser Tendenz mat dran, fir déi besteeënd Dispositiounen vun eisem Strofrecht ze reforméieren, auszeweiten, Lacunnen opzefëllen, fir kënnen och juristesche propper op déi Eerausfuorderung vum internationalen Terrorismus ze äntweren.

Mir kënnen eis där breeder legislativer Tendenz, déi weltwäit do besteet, net entzéien. Nach mussen mer net alles matmaachen! Nach mussen mer ofweie vu Fall zu Fall, wat mer an eis Legislatioun asetzen. An ech spieren, dass d'Regierung genau och op där doter Linn läit.

Et ass ugaangen 2003, ech hunn et gesot, mam Gesetz vum 12. August vun deem Joer, wat hei gestëmmt ginn ass mat de Stëmme vun der deemoleger Majoritéit. Et ass weidergaange mat weidere Gesetzer, vum 27. Oktober 2010 respektiv fir d'Lescht de 26. Dezember 2012, wou mer fir d'Lescht déi eenzel Artikelen aus dem Code pénal an deem Kapitel iwwert den Terrorismus ëmgeännert hunn.

Hei geet et ëm eng weider Ëmännerung vun deem dote Code pénal, a besonnesch ausgeriicht op déi nei Form vun Terrorismus, déi sech déi lescht Jore bemierkbar gemaach huet: Terrorismus vum Islamesche Stat, déi sougenannt „foreign fighters“, also Leit, déi vun eise

Länner auszéien an en terroristesche Krich an herno dann och deelweis erëmkommen, mat all deem, wat dat kann, net muss, bedeite vu Konsequenzen a vu Risiko.

Et ass also selbstverständlech, dass mer müssen dat Arsenal upassen. Mir kënnen net engem globalen Terrorismus begéine mat juristesche Mëttelen, déi net op der Héicht wäeren vun där Eerausfuorderung, déi sech sécherheetsméisseg stellt. Mir kënnen also och net mengen, mir dierfen net mengen, mir wäeren hei op enger Insel, wou mer eis kéinten zrëckzéien.

Och do, mengen ech, ass jo entre-temps bekannt - an dat si jo keng Statsgeheimnisser, déi ech hei soen, dat war an der Press nozeliesen -, dass och vu Lëtzebuerg aus an der Vergaangenheet Lëtzeburger an Netlëtzeburger fortgezu sinn an den Irak, a Syrien, fir do sech u Kämpf ze bedeelegen. Et sinn der leie bliwwen dohannen. Et sinn der och zrëckkomm respektiv sinn der nach dohannen. An näischt weist drop hin, dass dee Phenomeen, sief et vu Lëtzebuerg aus wéi vun aneren europäesche Länner aus Richtung Syrien, gebremst wär. Et sinn also nach wie vor Fakten, deenen ee sech muss stellen, géint déi mer eis müssen och mat rechtsstaatleche Mëttelen zur Wier setzen.

Mir brauchen also - do, mengen ech, si mer eis bal all eens heibannen, vläicht net unanime -, mir brauche weiderhi Renseignement, brauche weiderhin Austausch vun Informatiounen, nach vläicht souguer méi eng enk Kooperatioun tëschent deene Leit, déi Informatiounen hunn.

Mir brauche virun allem awer och preventiv Konzepter, fir d'Radikaliséierung vun deene jonke Leit, déi an dee sougenannten „hellege Krich“ zéien, ze verhënneren. Mir brauchen och kurativ Konzepter, fir déi, déi erëmkommen, ze begleeten an hëllefen ze integréieren. Alles dat ass net Bestanddeel vun dësem Gesetzesprojet, mä alles dat gehéiert awer zu engem Gesamtkonzept, wat mer eis hei zu Lëtzebuerg ginn. Mir brauchen also an deem ganzen Element vu preventiven a kurativen Konzepter och stroferechtlech Mëttelen, déi en Handel méiglech maachen, fir och wirksam kënnen virzegoen.

Dofir gëllt et ofzeweien a sech net vum Ablack, besonnesch och net vun den Emotiounen leeden ze loossen; dat ass ëmmer e schlechte Rotgeber, wann een u Gesetzestexter geet, besonnesch wann een am Code pénal virgeet.

Dat ass och déi Linn, déi mir als LSAP-Fraktioun eigentlech zënter den éischten Debatten iwwert d'Terrorismusesetzer hei zu Lëtzebuerg ëmmer verfollegt hunn. Mir sollen also kritesch un déi dote Froen erugeen, awer och net blauäugig sinn. Mir sollten hei net dat maachen, wat eis affirméiert Politik bei der Finanzplaz ass, wou mer wëllen den „first mover“ sinn. Dat sollte mer hei beileiwen net maachen! Hei sollte mer éischerter ofwaarden, ofweien an da probéieren, dat Richtegt ze maachen.

An ech mengen, dass och hei genuch Zäit awer verlaft ass, fir kënnen ze soen, dass mer déi Resolution vum UN-Sécherheetsrot vum 24. September 2014 - dat misst jo nach ënner Lëtzeburger Bedeelegung gewiescht sinn, déizäit ware mer Member vun deem Weltsécherheetsrot - och kéinten ëmsetzen. Et kënnt net oft vir, wëll ech soen, ech hunn esou perséinlech keng richteg Erënnung drun, ech ka mech awer do iren, dass mer esou UN-Resolutionen vum Weltsécherheetsrot an nationaalt Recht hei ëmsetze kréien, well et meeschtens Recommendationen sinn.

Hei ass et awer eng Mëschung eigentlech, et ass en Acte mixte, kann ee soen, mat engem Deel Recommendationen, déi dra sinn, et si politesch Aussoen dran, awer ganz kloer och Décisiounen vum Weltsécherheetsrot. An déi mussen mer no internationalem Recht als Memberstat och an nationaalt Recht ëmsetzen. Et ass genau dat, wat geschitt. Mir maachen net méi an net manner wéi dat, wat virgesinn ass an där Resolution vum UN-Sécherheetsrot.

Deen Text vun der Regierung, deen also déi méi allgemeng formuléiert Versioun vun der Resolution an d'preziist Strofrecht hei ëmsetzt, ass kritesch gekuckt ginn. De Statsrot kënnt awer zur Konklusioun, dass alles rechtens ass, dass all Verfassungsnormen an international Normen a Rechtsprinzipie respektéiert bleiwe mat deem Text, dee mer haut hei wäerten ofstëmmen. En huet also keng fundamental prinzipiell Bedenken, no enger eingeeënder Analys, déi en zu deem dote Punkt gemaach huet.

Et bleiwe ganz kritesch Avice vun de Justizorganen, besonnesch och vum fréiere Procureur général an och vun der Mënscherechtskonvention, déi een duerchaus kann novollzéien a ganz wesentleche Punkten, och wann een net onbedéngt mat de Konklusiounen muss d'accord sinn a virun allem déi Avice natierlech net dem Fait Rechnung droen, dass mer

eigentlech legal gehale sinn, fir déi doten Texter ëmsetzen.

Fir d'LSAP ass a bleift et wichteg, dass déi Kritären, déi och regelméisseg ugewannt gi vun dem Mënscherechtsgerichtshaff vu Stroossbuerg, déi och fixéiert sinn an der Europäescher Konvention vun de Mënscherechter, dass Aschränkunge vu Grondfräiheeten, Grondrechter zwar méiglech sinn, mä dass se objektiv müssen novollzéierbar sinn, zilféierend sinn, verhältnisméisseg virun allem sinn an enger demokratescher Kontroll ënnerleien, dass et déi Kritäre sinn, déi gëllen. An déi gëllen och fir déi heiten Texter.

A mir kommen zur Konklusioun, dass an deem heite Fall déi dote Prinzipie respektéiert bleiwen, dass u sech besonnesch och de Prinzip vun der Verhältnisméissegkeet, wat dee kriddelechste vun all deene Kritären ass vun der Bewäertung, eigentlech respektéiert bleift.

Mä mir sinn no un der Grenz! Ech wëll dat awer och ganz kloer hei betounen: Mir sinn no un der Grenz, an all déi, mengen ech, déi am classesche Strofrecht ausgebilt si ginn, déi hicken awer bei deem engen oder anere Sprong, deen hei am internationale Recht eigentlech gemaach gëtt, wat d'Terrorismusbekämpfung ugeet, a wou een och soll virsiichteg sinn, dass mer net no an no an anere Beräicher och déi dote Prinzipie géifen aféieren. Et ass effektiv d'Fro vum Acte préparatoire vun der Strofdot, bei där net méi muss eng Tentative virleien, fir dass et strofbar ass, mä et geet duer, dass gewëssen, zwar prezis definéiert Akte gesat ginn, déi scho praktesch dat Ganzt zu enger Strofhandlung maachen.

Do si mer ganz no beim Soupçon mat dran. Do si mer ganz no an enger Interpretatioun dran, wou mer versiche schonn, ier Akten iwwerhaupt vollzu ginn, d'Absichte vun de Leit ënner Strof ze stellen. Dat ass, mat Recht, eppes, wat ganz geféierlech ass. An d'Mireille Delmas-Marty, wat och mäi Virriedner schonn zitéiert huet, huet effektiv do och vun engem Paradigmewissel geschwat, dee sech no an no mécht an de Stroflechter vun eise Länner. A si huet geschwat - ech zitéieren - vun enger «dilatation de la responsabilité pénale qui englobe des comportements de plus en plus éloignés de l'infraction», also eng Deenung eigentlech vun der stroferechtlicher Verantwortung a wou mer ëmmer méi wäit ewechkomme vun den eigentlechen Akten an d'Intentioun an de Vierdergrond stellen.

Dat ass eppes, wat een och a senger extremer Form jo gesinn huet an där Aart a Weis, wéi d'USA reagiert hunn op d'Attentater, wou et esou iwwergaangen ass, dass souguer d'Tortur ënner gewëssene Konditiounen bal legaliséiert ginn ass. Guantánamo bleift fir mech, fir eis en absolute Skandal, wou haut nach ëmmer Leit, no laangen, laange Joren ouni Uklo, ouni Veruerteelung agespaart bleiwen.

Dat ass rechtsstaatlech net ze akzeptéieren. An dat ass entstanen doduerjer, dass d'Geféierlechkeet vun der Persoun an den Zentrum vum Strofrecht geroden ass. Et gëtt net gekuckt, wat déi Persoun gemaach huet, mä et gëtt gekuckt, wéi geféierlech eng Persoun ass. An do si mer ganz schnell natierlech a Suppositiounen mat dran. Do si mer eigentlech onbedéngt ewech vun enger ganz preziser Beweisféierung, déi normalerweis muss bei enger Culpabilitéit statfannen.

Dat ass, wéi gesot, dach eng ganz glétscheg Pist, op där mer eis international hei bewegen a wou d'Amerikaner sécherlech schonn eng Rei rout Linnen iwwerschratt hunn an der Vergaangenheet op deem dote Punkt, wat mir awer mat deem heiten Text sécherlech net maachen. Et muss een oppassen a ganz virsiichteg bleiwen an net och ënnert dem Drock, dee sech ka bei der Opinion publique maachen, egal wat hei matmaachen, wat sech da vun Iddien afale gelooss gëtt, fir op den Terrorismus ze reagéieren.

Et ass eis Verantwortung, mengen ech, och als Politiker, ëmmer erëm drop hinzewiesen, dass, esou staark, wéi een och zur Sécherheet steet - an ech maachen dat sécherlech -, et en Nullrisiko ni ka ginn, an et soll een och de Leit net d'Illusioun aplanzen, dass ee kéint e Stat esou opbauen, dass en Nullrisiko a puncto Sécherheet kéint bestoen.

Déi Fro, déi mer eis als Demokrate musse stellen, ass: „Wéi vill Risiko si mer bereet ze akzeptéieren an eisem Zesummeliewen?“, fir doropshin dann eis déi Gesetzer a Regeln ze ginn, déi mer brauchen, fir deen Niveau vu Sécherheet och kënnen ze gewährleschte bei eis a ronderëm eis. Dat ass, mengen ech, déi Politik, déi mer müssen an deem dote Beräich maachen.

Et sinn zwee Punkten, déi bemierkenswäert sinn hei, well se nei sinn an effektiv an dee Beräich vun enger „preventiver Strojjustiz“ eraginn, e ganz neie Begrëff, dee vu Spezialiste

forgéiert ginn ass an deene leschte Joren. Et ass deen, wéi gesot, vun der Preparatioun vu gewëssenen Infractionen. An et ass awer natierlech och deen, dass Leit, déi nach net ugeklot sinn, wou nëmmen eng Enquête préparatoire leeft, dass déi e Verbuet kënnen kréien - dat gëllt fir d'Lëtzeburger -, fir d'Land ze verloossen, an deenen hir Identitéitspabeieren och eigentlech keng Gültigkeet méi hu während där doter Zäit. Dat ass eng ganz kloer Aschränkung vun der Liberté d'aller et de venir, enger vun de Grondfräiheeten an all demokrateschem Stat. An dat geet scho wäit!

Et gesäit ee ganz kloer de prakteschen Notzen - et brauch ee sech dat net auszemolen -, dee sech ka stellen natierlech, fir esou eng Dispositioun zu senger Verfügung ze hunn.

Ech si frou, mir si frou als LSAP-Fraktioun, dass d'Regierung net op de Wee geet hei, fir esou administrativ Mesuren anzeféieren, wou d'Verwaltung kéint esou Décisiounen huelen, mä mir bleiwen hei ganz kloer am classesche Kader awer vun eiser Instruction criminelle. An et ass den Untersuchungsrichter eleng, deen ënnert de Kontrollen, deenen all Akt vum Untersuchungsrichter ënnerworfen ass, esou eng schwerwiegend Moosssnam kann huelen an zäitweis de Leit eigentlech d'Identitéitspabeieren ewechhuelen, soudass se sech net méi ausserhalb vu Lëtzebuerg kënnen déplacéieren, soudass also hei, mengen ech, nach wie vor awer genuch Garantien an dee System matagebaut ginn, fir gréisser Mëssbräich kënnen auszuschléissen.

Mä et bleift, dass dat doten dach eng wäitreehend Moosssnam ass, déi een och weiderhin an der Applikatioun ganz kritesch vun eiser Säit aus soll begleeten, an et soll ee kucken, wéi dann déi doten Texter och an der Praxis ëmgesat ginn.

Ech kommen zur Konklusioun. D'LSAP wäert dëst Gesetz stëmmen, well et effektiv et erméiglecht, fir méi wirksam deene groussen Eerausfuorderung vun haut vum dem Islamesche Stat an dem Terrorismus entgéintzetrieden. Mä et sinn Texter, déi net ouni Risiko sinn. Dat muss ee wëssen. An dofir muss een opmierksam bleiwen. An et muss een och bereet sinn, wa mer feststellen, dass déi Texter Schwachstellen an der Applikatioun bréngen, da mussen mer och bereet sinn, gemeinsam dann déi Verbesserungen unzebréngen, déi dann néideg sinn.

An deem Sënn also den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Bodry. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Guy Arendt** (*DP*). - Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Härren, ech soe fir d'Alleréischte der Rapportrice e grouse Merci fir hire gudden schrëftlechen a mëndlechen Rapport.

**(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)**

Mir liewen haut an aussergewéinlechen Zäiten, déi aussergewéinlech Moosssnamen erfuerderen. Dës Floskel, déi een ëmmer erëm héiert, ass de Moment leider nees ubruecht. „Charlie Hebdo“ an d'Attacken op Paräis waren aussergewéinlech, aussergewéinlech an deem Sënn, datt si eis op eng schrecklech Aart a Weis gewisen hunn, datt och mir an Europa Affär vum Terrorismus kënnen ginn.

Mir stinn engem Terrorgrupp géintiwwer, dee sech selwer als „islamesch“ an als „Stat“ beziechent. Mir wëssen, datt e weder eppes mam Islam ze dinn huet nach e Stat no traditioneller Opfaassung ass. Et sinn Terroristen, déi leider zu enger extrem geféierlecher Gefor gi sinn. Dës Extremisten hunn Zéngtausenden Zaldoten ënner Waffen an hunn allem Uschäin no e grouse finanzielle Spillraum.

Mir woussten och scho virun den Attentater zu Paräis, datt eng grouss Zuel vun europäesche Bierger an den Irak a Syrien reesen, fir do vum IS militäresch ausgebilt ze ginn an entweder op der Plaz ze kämpfen oder an Europa zrëckzekommen, fir Attentater ze plangen an auszuféieren.

Paräis huet eis nach eng Kéier bewosst gemaach, datt eise gréisste Sécherheetsrisiko net vu bausse, mä vu banne kënnt an duerch eng jorelaang falsch Integrationspolitik an Europa hausgemaach ass. D'Kombinatioun vu béidem, dem sougenannten Islamesche Stat a Mënschen, déi aus Perspektivlosegkeet dem Extre-





mismus verfallen, léisst nëmmen eng Konklusioun zou: Jo, mir liewen an aussergewöhnlechen Zäiten! A jo, mir brauchen aussergewöhnlech Moosnamen!

D'Regierung selwer huet schonn e Projet de loi déposiert mat enger ganzer Rei Sécherheitsmesuren, mat deene mir eis déi nächst Wochen a Méint nach ausenansetze wäerten. De Projet de loi, dee mer haut diskutéieren a stëmme wäerten, baséiert op enger UNO-Resolutioun aus dem Joer 2014, also nach virun „Charlie Hebdo“. Et handelt sech ëm international breet gedroen Mesuren, déi et eis erlabe sollen, de reliéise Radikalismus an Extremismus ze bekämpfen an Attentater ze verhënneren. Dëst soll erméiglecht ginn, andeem déi national Legislatioun ugepasst ginn un déi nei Situatioun, datt en Terrorgrupp Mënschen aus westleche Länner radikaliséiert an ausbild, andeem en extrem effikasse Propagandaapparat geschafe gouf.

Déi nei Dispositiounen, déi dësse Projet de loi an de Code pénal an de Code d'instruction criminelle aschreiwë wëllt, stellen zum Deel nei an aussergewöhnlech Mesuren duer, déi eis Rechtstraditioun esou net onbedéngt kannt huet. An do komme mer dann erëm zréck op déi aussergewöhnlech Zäiten, déi aussergewöhnlech Moosnamen erfuere. Mir hu virum IS keen Terrorgrupp kannt, deen esou massiv rekrutiert an ausbild, wéi dat an deene leschte Méint geschitt ass. Natierlech sollen d'Rechter vun engem Verdächtigen an Ugekloten net geaffert ginn. Mir hunn et also mat Neierungen ze dinn, wou mer de Spagat hikruten, fir engersäits dat néidegt am Kampf géint den Terrorismus ëmzesetzen, ouni op där anerer Säit d'Mëscherechter ze verletzen.

#### (Coups de cloche de la présidence)

Déi konkret Neierungen, an ech ginn elo net op alles am Detail an, zeechne sech doduerch aus, datt si genau déi Lächer fëllen, déi den IS mat sengen neie Methoden operappt huet. Et geet drëm, d'Incriminatioun vun «actes de provocation au terrorisme», «actes de recrutement au terrorisme», d'Deelhuelen un Terrorcamps, d'Uschafe vun Explosiven a Waffen an d'Deelhuelen un terroristeschen Aktiounen am Ausland anzeféieren oder ze erweideren. Et geet also konkret ëm d'Preparatioun vun Terrorattentater.

Mir dierfen et net zouloossen, datt mir all eis Fräiheeten afferen, fir nëmmen um Pabeier méi Sécherheet ze gewinnen. Et ass genau dat, wat d'Extremiste mat hirem Terror bezwecke wëllen. Dofir, Sécherheet jo, awer net op d'Käschte vun der Fräiheet vum Eenzelen.

Dësen Objektiv gëtt iwwert de Prinzip vun der Proportionalitéit erreecht, andeem mir zwar dat maachen, wat noutwendeg ass, awer net doriwwer eraus ginn. Et ass och wichteg, datt d'Ëmsetzung vun deenen Dispositiounen aus der UNO-Resolutioun vun esou ville Länner wéi méiglech gemaach gëtt. Wuel nëmmen esou sinn dës Dispositiounen och sënnavoll.

Den Terrorismus kennt keng Grenzen, weder am klasesche Sënn vun den territoriale Grenzen, nach wat d'Kommunikatioun ubelaangt. Fréier war en Terrorgrupp ëmmer nëmme lokal limitéiert. Hautdesdaags verbreed sech Haass an Extremismus wéi e Brandfeier iwwert déi sozial Medien. Mir mussen dem Terrorismus Grenze schafen a virun allem seng Grenzen opweisen.

Dofir begrësse mir et, datt den Untersuchungsrichter ënner exzeptionellen Ëmstänn kann eng Interdiction de sortie du territoire national verhängen.

Jugendlecher, déi oft ënner prekären Ëmstänn opgewuess sinn a keng Visiounen méi hunn, sinn eng lichte Zilscheif fir d'Radikalisierung. Dofir dierfe mir och d'Preventioun vun der Radikalisierung net vergiessen. Et ass wichteg, ufällig Persounen ze identifizéieren an u si erunzrieden. Wa mir eis net méi mat den Themen Integratioun, Gettoisierung a soziale Brennpunkten auserneeetzen, hu mir de Kampf géint den Terrorismus elo scho verluer.

Eng breet international Koalitioun wäert sech dem Islamesche Stat unhuele mussen. Géint den Terrorismus ze gewinnen, wäert net einfach sinn. Lëtzebuerg leescht mat dësem Projet de loi e kleng Bäitrag fir dat Gutt, fir datt déi Gruejlegkeeten endlech ophalen.

Dofir kann ech och den Accord vun der DP-Fraktioun ginn, fir dësse Projet de loi ze stëmmen, an ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Arendt. D'Wuert huet elo den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kollegen, ech widderhuelen elo net, wat d'Kollegen all gesot hunn. Dir gesitt, mir hunn eis an der Kommissioun ganz vill Gedanke gemaach, fir zwou Saachen ënner een Hutt ze kréien, déi eis, och als ADR, extrem wichteg sinn: dat heescht op där enger Säit d'Grondprinzip vum Rechtsstat, op där anerer Säit de Kampf géint den Terrorismus. Souwuel de Gilles Roth wéi den Alex Bodry hunn op eng magistral Aart a Weis hei erzielt, wat Tentativ sinn, en Dolus malus, Actes préparatoires, an datt mer hei einfach Kritären uwenden..., oder datt déi Texter hei iwwer Saachen erausginn, déi mer am normale Strofrecht kennen.

An dat ass gutt esou. Well Fakt ass, datt Lëtzebuerger an Netlëtzebuerger, déi hei wunnen, schonn an déi dote Länner kämpfe gaange sinn, sech Terrorgruppen ugeschloss hunn, zum Deel do leie bliwwen sinn - den Alex Bodry huet et scho gesot -, zum Deel zréckkomm sinn, zum Deel nach do sinn. An ech fäerte ganz, an Zukunft wäert déi Tendenz net ophalen, am Contraire. Meng Partei an ech, mir fäerten, datt déi nach wäert kräfteg zouhuelen! Et geet also ganz genau dodrëm, ënner Strof ze stelle wa rekrutiert gëtt, wann ee fortgeet, fir ze kämpfe fir terroristesch Gruppen, oder wann een aus esou Kämpf zréckkënn.

De Gilles Roth huet d'Fro opgeworf vun den Ermittlungsmethode par rapport zum Text. Ech mengen, d'Fro opzuerwerfen, ass d'Antwort ze ginn. Wa mer am Text soen, eng Provokatioun zum Terrorismus ass d'Diffusioun «ou toute autre forme de mise à disposition du public d'un message, y compris par le biais de réseaux de communications électroniques», dann ass et jo evident, datt een déi Réseaux muss kennen iwwerwaachen, fir Stroftäter ausfindeg ze maachen. Dat muss een einfach klipp a kloer soen. Alles anescht wier e Mensong.

A genau duerfir ginn ech och an engem Punkt dem Gilles Roth net recht. En huet gemengt, mir géifen deen Text hei e bësse fréi stëmmen, ob een net hätt solle waarden op den 6921 oder op aner Texter, déi an der Maach sinn. Neen, ech fannen net. Ech fannen, wat mer eis méi séier en Instrumentarium ginn, fir kennen Terrorismus ze bekämpfen, wat et besser ass.

Am Rame vun engem ganz anere Projet seet d'Association professionnelle du cadre supérieur de la Police Grand-Ducale an engem Schreiwes un eise Minister fir Bannesécherheet: «Il est une habitude luxembourgeoise de réagir à chaque fois après coup et de faire preuve d'absence de tout esprit proactif.» An ech mengen, genau dat doten ass et, wéi et net sollt sinn. Mir sollte virauskucken. Dee Projet hei ass schonn am Januar dëst Joer déposiert ginn. Mir stëmmen en elo am Dezember. Dat hätt kënne méi séier sinn. Ech mengen, mir weisen hei als Haus ëmmer erëm - Här President, ass et net esou? -, datt ee kann Texter ganz schnell stëmmen. Hei wier eng Matière, wou ee muss proaktiv virgoen.

Den Alex Bodry sot, verschidden Texter wieren elo déposiert gi suite vun den Attentater vu Paräis. Dat war ze lues! Dat hätt ee scho kënne vill éischer virausginn. Ech mengen, et sinn aner Attentater geschitt zu Paräis wéi déi elo vum Bataclan, quitte datt ee se net onbedéngt ka matenees vergläichen, mä Terrorismus ass Terrorismus.

An duerfir fannen ech och déi Debatt iwwert den État de crise net richtig. Ech denken net, datt eis Regierung d'Moyene muss kënne kréien, fir Texter ze huelen, ouni iwwert d'Parlament ze fueren. Ech fannen, et ass am Contraire un eis als Parlament, fir virauszegesinn, wat als Situatioun op eis kann duerkommen - mir kennen dat virausgesinn - an eis elo déi Texter ze ginn, déi eis et erlaben, géint déi dote Saache virzegoen. Do ass dat heiten ee Stéck dervun an als ADR stëmme mer den Text mat ganz grousser Freed.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Reding. A leschte Riedner ass den Här Serge Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech versichen an deenen zéng Minutten, déi ech hunn, zu deem Gesetzesprojet hei dat Wesentlech ze soen. Mir féieren hei fënnf nei Strofdoten an, déi keng terroristesch Aktivitéiten u sech sinn, awer mat esou Aktivitéite kënne verbonne ginn.

Éischters, d'Provokatioun zum Terrorismus. Et ass haut scho strooffbar, wann een e Message erausgëtt mat der Absicht, zu enger terroristescher Dot unzestiwelen, och wann ee keng konkret Dot dobäi recommandéiert. Op esou engem Message, deen och iwwer sozial Réseaux ka geschéien, stinn net bis zu zwee Joer Prisong, wéi dat bei normale rassisteschen

Haassbotschaften zum Beispill iwwer Internet de Fall ass, mä bis zu acht Joer Prisong. An dat och, wa konkret keen terroristeschen Akt doropshin erfollegt ass.

Haut ass dat awer nëmmen an engem bestëmmte Kontext méiglech. Et muss ee mat esou engem Message eng wierklech Geforschaften, dass doduerch och eng Strofdot ka begaange ginn. Esou stoung et bis elo am Text dran. Dat soll elo änneren. De Kontext gëtt net méi gekuckt. D'Intentioun eleng geet duer. Bestrooft gëtt och neierdengs eleng de Versuch, fir esou e Message erauszeginn. Derbäi kommen och elo Ausserungen an engem geschlossene Krees vu Persounen, déi kënne bestrooft ginn.

Zweetens, d'Rekrutiere vum Terroristen. Schonn haut stinn acht Joer Prisong drop, Leit fir terroristesch Doten unzuerwerben oder si fir eng terroristesch Grupp ze gewinnen. Mat dësem Gesetz gëtt och de Fait stroffbar, sech uwerben ze loosseren, oder de Versuch dozou, och wa keng eege Strofdot doropshi geschitt, och wa kee Verfahre géint de Recruteur u sech leeft.

Drëtters, Training vum Terroristen. Haut stinn acht Joer Prisong drop, fir Leit ze trainéieren, fir terroristesch Doten ze begoen. Mat dësem Gesetz steet och elo déiselwecht Strof drop, wann een un engem Training deelhält oder wann een esou en Training och einfach nëmme freet oder einfach de Versuch mécht, fir esou en Training ze froen.

Véiertens, allgemeng Virbereedungsakten. Ganz nei ass, dass all Acte préparatoire fir eng hypothetesch - well dorëm geet et - terroristesch Strofdot selwer eng Strofdot gëtt, op där acht Joer Prisong stinn, wa gewësse Bedengungen erfüllt sinn. Esou wäert et zum Beispill duergoen, sech ze informéieren iwwer Methoden, fir eng terroristesch Strofdot ze begoen, a gläichzäiteg am Besëtz vun Dokumenter dozou ze sinn, déi zum Beispill aus dem Internet kënne geholl ginn.

Fënneftens, d'Verloosse vum Territoire. Acht Joer Prisong stinn an Zukunft och um einfache Verloossen oder um versichte Verloosse vum Territoire an der Absicht, an engem anere Land sech un enger terroristescher Dot ze bedeelegen. D'Absicht geet hei eleng duer, och wann d'eventuell Strofdot selwer nach wäit ewech ass oder och, wann et ni zu esou enger Strofdot komm ass. Kennst esou en „foreign fighter“ zréck, geet en am Prinzip fir maximal acht Joer emol an de Prisong.

An deem Kontext kënnst och derbäi, dass eng Interdiction de sortie du territoire an en Ofgi vum Pass kënne vun engem Strofgerecht oder vun engem Untersuchungsrichter verhaange ginn, op deenen hirer Violatioun dann och nach eng Kéier acht Joer Prisong stinn.

Ech hu versicht, dat einfach elo objektiv emol duerstellen, wat an deem Gesetz hei steet, wat mer solle stëmmen. Ech wëlt och hei kuerz eng Aschtätzung vun deem Gesetz ginn.

D'Fro stellt sech jo: Ass dat Gesetz hei déi adequat a proportional Antwort zu deem Genre Menacen, wéi mer se zu Paräis erlieft hunn an, wéi mer jo alleguerte wëssen, wéi mer se och an Zukunft nach kennen erliwien? Ech mengen net! An dat aus einfache Grënn vun der Zweckmëssegkeet vun deene Mesuren, déi mer hei huelen.

Dat Gesetz hei setzt nämlech op d'massiv Bestrofung prioritär vun de Matleeder, déi kënne potenziell Kanounefudder sinn, déi u sech nach keng Leit menacéiert hunn, déi u sech nach keng terroristesch Strofdote begaangen hunn an déi dacks, muss een derbäisoen, och schonn an der Gewalt vun der Police sinn, dat heescht gesellschaftlech schonn ënner Kontroll sinn.

An ech mengen awer, dass de Prisong keng Plaz ass, wou normalerweise eng Deradikalisatioun stattfënn. Ech mengen, just de Contraire ass de Fall: De Prisong ass déi privilegéiert Plaz, wou Radikalisatioun ka stattfannen!

Géifen déi Mesuren hei mat der ganzer Häert vum Gesetz vun de Gerichter esou ëmgascht ginn, géifen, mengen ech, déi wierklech Problemer vum Terrorismus vun der neier Generatioun, dee sech jo ënner Leit ofspilt, déi hei an eise Länner wunnen, net geléist ginn, mä risikéieren, souguer nach verstärkt ze ginn!

Ech mengen dofir, dass déi reng strofrechtlech Mesuren hei u sech keng Léisung si fir déi Problemer, déi sech awer a Wierklechkeet stellen. Ech mengen, dass dofir aner Mesurë musse kommen, fir déi konkret Geforen, déi sech erginn, och wierklech kennen esou ze ëmraissen an esou ze ëmfaassen, dass déi Leit kennen dru gehënnert ginn, fir Saachen ze maachen.

Ech mengen awer, dass en zäitweilige Reesverbuet, deen hei drasteet, net onbedéngt déi falsch Mesure ass. Dat soen och vill Spezialisten. A si soen eis och, dass d'Eltere vun esou Ju-

gendleche ganz dacks och dat froen. An ech mengen, wann een een drun hënnert ze reesen, dann ass dat eppes anescht, wéi wann een ee fir acht Joer an de Prisong stécht. Dofir fannen ech, dass déi Mesure, wa se verbonnen ass och mat enger Politik vun Deradikalisatioun, vun där jo ëmmer geschwat gëtt - a wou ech mer eigentlech erwaarden, dass de Minister eis hei Detailler dozou gëtt -, wa se mat esou enger Politik verbonne wier, géif ech dat emol guer keng esou eng schlecht Mesure fannen.

Ech mengen awer virun allem, vun der Zweckmëssegkeet vun deene Mesuren ofgesinn, fir konkret Geforen ze bekämpfen... Ech sinn och net géint all Depenalisierung (veuillez lire: Penalisierung) vun Akten am Prinzip, mä ech mengen, esou wéi se hei formuliert sinn, ass et eng massiv, onproportional Aart a Weis, fir un d'Saach erunzzegoen. A virun allem stelle sech fir Juristen a fir Mëscherechterler a fir eis alleger ganz vill prinzipiell Froen a Bedenken, déi och schonn hei geäussert gi sinn.

Et gräift een esou déif an esou wäit wéi ni virun an an d'Psychologie viru Strofdoten. Strofdoten, déi ganz dacks nach guer net ausgeduecht sinn! Den Här Roby Biever huet als Nach-Procureur général d'Penalistin Julie Alix an der „Gazette du Palais“ heizou zitëiert, déi geschriwwen huet: «Se renseigner, seul, sur les moyens de rejoindre des combattants en Syrie ou bien sur la fabrication d'un engin explosif, n'est-ce pas déjà entrer dans la phase d'exécution de la participation à une association de terroristes? Il s'agirait là...», wann dat de Fall wier, seet se: «...de réprimer le commencement d'exécution d'un acte lui-même préparatoire à un acte de terrorisme (non identifié).»

Also den Ufank vun der Virbereedung vun engem Virbereedungsakt vun enger nach net identifizierter an dem Auteur selwer nach dacks net bekannter Strofdot. Dat ass, ëm wat et hei geet! Dat ass, wat hei soll penal répriméiert ginn, Dir Dammen an Dir Hären. Dat ass eppes, wat virdrum am Droit pénal net denkbar war!

An dofir verweist och de Procureur général op den Avis vun der Cour supérieure de justice, eiser héchster Gerichtsinstanz, an e seet: «De cet avis ne résulte pas seulement un doute quant à la nécessité de compléter nos textes, mais encore un malaise certain à l'égard du texte proposé.» Deen Text, dee mer hei solle stëmmen. De Procureur général an d'Cour de justice werfen och de Problem vun engem ëmmer méi staarken Aneneegräife vun de Geheimdengschter mat de Policeautoritéiten a mat de Gerichter op, e Problem, op dee mer ouni Zweifel nach wäerten am Ufank vum nächste Joer zréckkomme beim neie Geheimdengschgesetz.

De Procureur général seet an dësem Kontext och iwwert deen Tournant, dee mer hei huelen, an ech wëll e wierklech zitëieren, in extenso zitëieren, d'Madamm Loschetter huet schonn draus zitëiert virdrum: «Le tournant préventif du droit pénal - même s'il est encore limité - met mal à l'aise, il faut bien l'avouer, un juriste „classique“ et ceci parce que si on tient le raisonnement jusqu'au bout, des valeurs aussi essentielles que la présomption d'innocence, l'exigence d'une preuve suffisante (et donc au moins d'actes préparatoires à une infraction), le droit à un procès équitable, la publicité des débats, transparence et légalité des preuves sans parler de la motivation de décisions et de tout droit de faire appel, risquent d'être mises à mal.» Als liberal Koalitioun, Dir Dammen an Dir Hären, géif ech mer dat net gäre vun den héchsten Gerichtsautoritéiten hei am Land virwerfe loosser!

An als Bierger sollte mer alleguerte gutt oppassen. D'Terrorismusbekämpfung ass och e politesch denkbare Begrëff, op deen ech dës Kéier net kann agoen, deen, wann e bis zur Sprongfieder gëtt vum Fonctionnement vun de repressiven Organer, dem liberalen Benjamin Franklin seng Viranung wouer ka gi loosser, dass wien d'Fräiheet fir d'Sécherheet opfert, bëides verléiert!

Ech stëmmen also dee Projet hei net. Iwwregens ass et och zweifelhaft, ob mer e mussen ëmsetzen. Et ass iwwregens och zweifelhaft, ob et an d'UNO-Kompetenz fält, fir sech an d'Strofrecht vun de Memberstaten anzemëschen als UNO-Sécherheetsrot. Dat soe vill international Juristen an dësem Kontext. An iwwregens, deen UNO-Text u sech schléit d'Proportionalitéit vun deene Moosname vir, déi mer huelen.

Aus all deem, wat mer elo héieren hunn, geet kloer ervir, dass et sech hei net ëm Proportionalitéit kann handelen, wann iwwerall uniform acht Joer Prisong drop stinn. An iwwregens huele mer hei Moosnamen, ech kann elo net méi op den Detail agoen, déi guer net an deem UNO-Text do virgesi sinn, déi vun der Regierung hei mat dran erageholl gi sinn. Also, wéi gesot, mir stëmmen do dergéint.





Mir hätten och gäre gehat, esou wéi d'CSV, ech hunn dat och schonn eng Kéier hei gesot, dass all déi Projeten...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Urbany...

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech sinn direkt fäerdeg, Här President.

...dass all déi Projeten zesumme kéinten diskutéiert ginn. Mä an der Kommissiounssitzung, no den Attentater zu Paräis, ass gesot gi vum Här Bodry: „Dat hei ass e politesche Fait“, a mir hunn duerno séier d'Aarbechten ofgeschloss. Mir haten eng gutt Diskussioun iwwert d'Problemer, déi sech stellen. An och mat der Stëmm vun der CSV ass dat hei ugehall ginn. An ech mengen, schéin ass et, wann een hei Nuancé mécht, schéin ass et, wann een hei analyséiert am Detail. Mä wat hei zielt, ass schlussendlech de Vott. An eise Vott ass ganz kloer negativ zu deem Projet hei!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Sou, mir sinn um Enn vun den Diskussiounen ukomm an d'Wuert huet direkt den Här Justizminister, den Här Félix Braz.

### Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Merci, Här President. Fir d'Eischt och e grouse Merci un d'Presidentin vun der Commission juridique a Rapportrice vun dësem Projet de loi. Si huet e bal chirurgesche Rapport gemaach vun de Mesuren, wat eis erlaabt an och der Chamber erlaabt huet, eng, wéi ech fannen, flott a wichteg Diskussioun elo hei an der Plénière kënnen ze féieren.

Déi Resolutioun vum UNO-Sécherheetsrot ass vum September 2014 an d'Regierung huet bannent e bësse méi wéi nëmmen dräi Méint duerno e Projet de loi op den Dësch geluecht, fir d'Ëmsetzung vun där Resolutioun ze maachen. Dofir verstinn ech net ganz, firwat dass den Här Reding seet, mir géifen net séier schaffen. Dat ass exceptionnel séier geschafft gewiescht, wann een nëmmen dräi Méint duerno schonn en Text op den Dësch leet. Mä dat hat och e Grond, dass mer deem Text esou séier wollten ausschreiwen. De Grond ass, dass Lëtzebuerg net verschount ass vun deem Phänomeen.

An dat wousste mer och zu deem Zäitpunkt, dass Lëtzebuerg net verschount wär. Mir wësse mat Sécherheet, dass scho weinstens sechs Leit vu Lëtzebuerg aus a Syrien gaange sinn. Et ass also keen Text, dee mer maachen, fir sech prinzipiell eppes unzschléissen, mä et ass en Text, dee mer maachen, well mer wëssen, dass mer dovunner beträff sinn, dass mer net verschount sinn an dass mer op där doter Fro keng Insel duerstellen.

D'Resolutioun vun der UNO, et ass schonn ugeklongen, et ass eng juristesche Verpflichtung, déi ëmzesetzen. Do sinn ech mam Här Urbany guer net d'accord. Et ass en Argument, wat ee sech gëtt, fir derlaanschtzecommen, op dëser Fro Verantwortung ze iwwerhuelen, mä e seriöt juristescht Argument, Här Urbany, war dat doten op kee Fall.

Déi UNO-Resolutioun muss ëmgesat ginn. Dat ass...

### (Interruption par M. Serge Urbany)

Neen, ech wëll einfach just meng Erklärungen féieren! Dir hat Är Riedezäit, Här Urbany. Mir féiere jo och keng Dialogen hei.

Et ass also fir mech glaskloer: Et ass eng juristesche Verpflichtung, déi Resolutioun ëmzesetzen, an ech begrëssen et, dass déi meescht Kollegen heibannen och do net probéieren, Slalom ze fueren, fir laanscht dat doten ze kommen.

Mir maachen dat awer net nëmmen, well et eng Verpflichtung ass. Ech begrëssen et ausdrécklech, dass den UNO-Sécherheetsrot sech mat där doter Fro beschäftegt huet! Den UNO-Sécherheetsrot huet an där heiterer wichtiger Matière et fäerdegbruecht, net nëmmen déi Membere vum UNO-Sécherheetsrot hannert déi Resolutioun ze kréien, mä et waren och nach, wann ech dat gutt an Erënnerung hunn, iwwer honnert Supporte vun anere Länner, déi deem Text ausdrécklech ënnerstëtzt hunn! An ech fannen et perséinlech ganz gutt, dass d'UNO sech och mat der Fro beschäftegt vun der Réponse judiciaire op de Phänomeen vum Terrorisme.

Et gëtt oft der UNO och virgeworf, dass se sech nëmme géif mat de kriegesche Moyene beschäftegen, wann et drëms geet, e Mandat ze ginn, fir militäresch kënnen anzegräifen. Dass hei d'Weltcommunautéit bal geschlossen, bal gëent um Niveau vum UNO-Sécherheetsrot zesumme geschafft huet, fir en Text opzestellen, deem och probéiert, eng Réponse judiciaire, et policière, an net nëmmen eng militäresch Antwort engem Phänomeen ze ginn, an et och nach fäerdegbréngt, eng gemeinsame Antwort ze ginn, ënnerstëtzen ech ausdrécklech.

An ech sinn och frou, dass Lëtzebuerg deem Text - an den Alex Bodry huet schonn droop wësen, dat war zu där Zäit, wou Lëtzebuerg mat Member war am UNO-Sécherheetsrot -, dass Lëtzebuerg dat dote mat ënnerstëtzt huet, onofhängeg dovun, dass et och nach legal verbindlech ass, dass mer déi Resolutioun ëmsetzen. D'Intentioun an d'Démarche, mengen ech, waren och ausdrécklech richtig.

Elo ass et awer esou mat deenen UNO-Texten, an dat schafft eis jo dann elo e bësse Schwierigkeiten, dass déi net si wéi d'Texten vun der Europäescher Unioun oder Texten vum Conseil de l'Europe, wou mer an engem enken, méi oder manner enken europäesche Kreesen Texten verfaassen, déi der europäescher Rechtskultur Rechnung droen an déi praktesch eent zu eent a liicht kënnen ëmgesat ginn.

Déi UNO-Texten, déi si méi allgemeng formuléiert, déi si méi vast. Si mussen passe fir nobäi 200 Länner. Déi hunn natierlech net déi Präzisioun, wéi mir se kennen, wa mer Transpositionen mussen maachen vun Texten vun der Union européenne oder wa mer Texten maachen vum Conseil de l'Europe.

Dofir ass och an deem Text vun der UNO net ëmmer déi néideg oder gewënschte Präzisioun dran. Déi hu mer zum Deel elo bei der Transposition, déi mer maachen, missen drakréien. Dofir sinn och déi Kriticken an déi Bedenken, déi formuléiert gi sinn. Mä weder Kriticken nach Bedenke beäntweren duerno d'Froen. Um Enn vun der Kritik, um Enn vun de Bedenke muss ee sech awer decidéieren, wat ee mécht. Dat huet och d'CSV gemaach duerch d'Explikatiounen vum Gilles Roth, deem den Text - a seng Fraktioun, wat ech begrëssen - och ënnerstëtzt. Mä déi Bedenken, déi formuléiert gi sinn, déi deele mer jo alleguerten! Duerch all d'Fraktiounen ginn déi prinzipiell Bedenke jo gedroen! Do hu mer hei an der Chamber kee Clivage.

Och den Avis vum deemolege Procureur général, déi Bedenken, déi en do geäussert huet, déi gi jo hei am Land gréisstendeels gedeelt. Déi Bedenke ginn awer net géint den Text, wéi mer en haut virleien hunn, fir ze transposéieren, well deem huet den deemolege Procureur général ausdrécklech attestéiert, mir géifen hei op eng „manière fort modérée“ deem Text ëmsetzen. Mä déi Kriticken, déi e formuléiert huet, déi viséieren d'Resolutioun u sech, well se tatsächlech déi Logik opstellt, dass een an dëser Matière den Acte préparatoire...

Et ass awer net nëmmen een Akt! Ech hunn et puermol schonn héieren an och gelies: „Wann ech dann elo en Ticket buche fir op Istanbul, da sinn ech schonn hei bal mat dran!“ Dat ass natierlech net de Fall! Hei si méi Konditiounen verlaangt. Et fënnt net am lofleere Raum statt.

Sécher ass et den Acte préparatoire, sécher ass dat zu Lëtzebuerg en Novum, sécher werft dat eng ganz Rei vu prinzipielle Bedenken op, déi mer alleguerten heibannen deelen. Et ass awer net esou, dass déi Incriminéierung vun der Virbereedung liicht bewise wär, dass dat eppes wär, wat einfach esou engem kéint nogewise ginn. Do si méi Elementer, an déi sinn och am Gesetz beschriwwen, verlaangt an et fënnt statt am Kader vun enger Instruction judiciaire, mat eventuell engem Prozess um Enn.

Et ass also, an den Alex Bodry huet dat och soulignéiert, hei keng Démarche gewielt ginn - contrairement zu anere Länner -, wou eng Rei vun dëse Mesurë bei d'Police administrative eriwweergaange wäeren. Hei hu mer, well et eben esou kriddelech ass a well mer all déi Suergen an déi Bedenken, déi prinzipieller Natur sinn, déi sech awer géint d'Resolutioun richten, deelen, grad dowéinst de Wee zréckbehalen, fir ze soen: Da mussen mer awer all d'Garantien, déi de Rechtsstat ka ginn, och zur Verfügung stelle fir d'Applikatioun vun deenen doten Artikelen vum Code pénal!

An dofir ass et eng Matière, déi judicialiséiert ginn ass vu vir bis hinnen a wou alles ënnert der Kontroll vun eiser Verfassung, vun der Convention européenne des droits de l'Homme a ganz allgemeng vun eise Rechtsstat zu Lëtzebuerg a vun de Garantien, prozedurale Garantien, Droits de la défense, déi et zu Lëtzebuerg gëtt, muss stattfannen. Dat ass de Grond, firwat dass mer dee Wee exklusivement judiciaire hei zréckbehalen hunn an dat och séier gemaach hunn.

Ech wëll och rappeléieren, dass mer den Dépôt vum Projet de loi gemaach hunn nach virun den Attentater vun „Charlie Hebdo“! Dat war also keng précipitéiert Reaktioun op déi dramatesche Evenementer, wou jo nach aner dramatesche Evenementer duerno nokomm sinn. Dësen Text ass vun der Regierung déposéiert gi virun „Charlie Hebdo“, aus deene Grënn, déi ech am Ufank genannt hunn, mat deem bewusste Choix, hei op e judiciaire Wee ze goen, an op en exklusiv judiciaire Wee ze goen, wat, mengen ech, och heibanne gedeelt gëtt, dass dat déi richtig Démarche ass.

An et ass och net geduecht vun dëser Regierung - an ech ka mer och kaum virstellen, dass eng aner Regierung an Zukunft op en anere Wee wëllt goen -, et ass net dru geduecht, fir dat, wat mer hei maachen, op iergendeng aner Form vu Kriminalitéit auszeweiden. Dat do ass eng Ausnam an net e Präzedenzfall! Dat ass ganz kloer, dat do ass d'Ëmsetzung vun der UNO-Resolutioun an et bleift eng Ausnam. Mir ginn net op deem dote Wee, dass mer scho bei Acte-préparatoire wëllen incriminéieren. Dat do ass a bleift eng Ausnam aus spezifeschen a begrënneten Ursaachen, déi mer alleguerten de Mëtte schonn diskutéiert hunn.

Et ass och gesot ginn - dat war vum Gilles Roth -, dass d'Linn tëschent dem SREL an den Instances judiciaires méi flou elo géif ginn. Ech mengen net, dass dat zoutréfft. Si ass net flou. D'Linn ass a bleift déiselwecht. Et ass un de Limmite vun der Aarbecht vum SREL. De SREL schafft am preventive Beräich. Wann de SREL Connaissance huet vun enger Infraction, da muss en dat direkt den Autorités judiciaires och matdeelen.

Den Impakt vun dësem Gesetz wäert awer sinn, dass dem SREL seng Kompetenzen an Zukunft an dëse spezifesche Fäll riskéieren, méi fréi zu engem Enn ze kommen. Vu dass dat heiten elo pénalement incriminéiert gëtt, muss de SREL, wann déi Actes préparatoires do constatéiert ginn, elo schonn den Dossier un d'Autorités judiciaires matdeelen. Virun dësem Gesetz war dat net de Fall. Dat dote war net pénalement incriminéiert. De SREL konnt also am Kader vu senger Kompetenzen déi doten Agissementer observéieren, ouni se scho misse matzedeele.

Et ass also net eng Linn, déi flou gëtt, mä et ass eng Linn, déi réckelt. Si réckelt, am Fong schränkt se dem SREL säin Aktionsradius e bëssen an, well wann en där doter Fäiten observéiert, déi elo am Code pénal beschriwwen sinn, da muss e se méi fréi un d'Autorités judiciaires mellen. Flou ass déi Linn dofir net, op jidde Fall net méi flou wéi haut. Et ass déiselwecht Linn wéi haut. Si gëtt net flou, mä si réckelt, dat ass richtig, an an deem Sënn, dass dem SREL seng Aufgaben éischter do ageschränkt ginn an déi vun den Autorités judiciaires hei méi fréi zum Droe kommen.

Ee Wuert och nach zu dem Retrait vun de Reesdokumenten, och fir nach eng Kéier ze ënnersträichen: Dat gëllt nëmme fir Lëtzebuerger Bierger! Mir kënnen nëmmen d'Reesdokumenten an Identitéitsdokumenten vu Lëtzebuerger Bierger anhuelen. Dat wäert hei zu Lëtzebuerg awer nëmmen och duerch eng richterlech Décision kënne geschéien, sief et duerch en Untersuchungsrichter am Kader vun enger Instruction, sief et duerch de Richter, deem de Fall muss um Enn tranchéieren.

An ech kann nëmmen ënnersträichen, wat den Här Urbany gesot huet, wann e seet, déi heite Mesure ass och eng Mesure, déi zum Deel als e Schutz ugesi gëtt, notament vun den Elteren vu Kanner, déi ënnerwee sinn, fir eventuell a Syrien oder an den Irak ze goen. Déi empfangen de Retrait vun de Reesdokumenten duerch aus als eng Mesure, déi och e preventiven a schützende Charakter huet.

An och déi, déi drop higewisen hunn, dass nëmme Bestrafung keng Antwort ass, deene kann ech nëmme recht ginn, well d'Regierung och genau dat dote mécht. Dëse Projet ass dat eent. Parallell dozou huet d'Regierung awer och schonn am März 2015 am Regierungrot, also viru scho bal engem Joer mëttlerweil, en Dokument ugehall, e Programm vu Mesuren ugehall, déi ebe just am preventive Beräich solle funktionéieren.

Do spillt d'Éducation nationale eng droend Roll. Natierlech och d'Aarbecht, déi an de Prisonen kéint gemaach ginn. An de Volet vun der Deradikalisierung à la fois vun deenen, déi hei sinn an eventuell mam Gedanke spille fortzegen, respektiv vun deenen, déi erëmkommen aus esou engem Krichsgebitt a wou et och net ëmmer ganz aiséiert wäert sinn, deenen nozeweisen, wéi eng Aktiounen an Exaktiounen dass se dann dohanne solle verbrach hunn, och do spillt selbstverständlech d'Deradikalisierung eng grouss Roll.

D'Regierung huet do schonn e Programm am März ugehall. Deen ass amgaangen ëmgesat ze ginn um Niveau vun deene betraffene Ministere. A mir hunn och als Présidence am Oktober eng Konferenz organiséiert, als Lëtzebuerger Présidence, ebe just iwwert d'Deradikalisierung. An déi Konklusiounen, déi bei där Konferenz gezu gi sinn, sinn am nächste JAI - dat war deen éischte JAI no den Attentater vu Paräis vum 13. November -, do sinn déi Konklusiounen vun där Konferenz och am JAI-Conseil ugehall ginn als Konklusiounen vum Conseil.

D'Lëtzebuerger Regierung huet also ganz kloer hei net nëmmen op de Volet Bestrafung gesat,

mä mir hu souwuel en interne wéi am Kader vun eiser Présidence eis Verantwortung do mat Sécherheet iwwerholl an ebe just och de preventive Volet an de Volet Deradikalisierung politesch héichgehalen. An ech mengen, dass déi duebel Strategie do Sënn mécht, well en effet d'Bestrafung eleng net déi ganz Léisung kéint duerstellen.

Eng lescht Remarque zum Reproche vum Gilles Roth, dass mer hei schwéier kéinten e Gesamtbild duerstellen. Ech mengen, dass dee Virwurf net zoutréfft. Am Géigendeel, mir si wahrscheinlech eent vun de rare Länner an der Europäescher Unioun, wat als Regierung, als Parlament all déi Texten, déi an dëser Matière sollen ëmgesat ginn, gläichzäiteg um Dësch leien huet. Aner Länner hunn do dat anescht gemaach a wann een deenen de Reproche géif maache vum Sauscissonnage, da wär dee Reproche zimlech wahrscheinlich begrënt.

Mir hunn hei dësen Text, deem haut schonn an de Vott ka goen. Mir hunn e Projet de loi déposéiert mat zousätzleche Mesuren am Beräich vun der Strafverfolgung, wou d'Diskussiounen nach mussen gefouert ginn. Mä déi leien alleguerten um Dësch!

An och dee Memorandum, deem Der opgeworf hutt, Här Roth, läit um Dësch. Dee Virwurf, deem Der do maacht, an de Verweis op deen Zousatzprotokoll, dass deem net public wär, do bréngt Der mech éierlech gesot e bëssen a Verleeënheit. Dir bréngt mech a Verleeënheit, well deem Text ass net vun dëser Regierung négociéiert ginn. Deen ass vun der viregter Regierung négociéiert ginn. An déi Accorden, déi do fonnt gi sinn, notament déi Zousoen, déi un d'Adress vun den Amerikaner gemaach gi sinn, déi si vun der viregter Regierung gemaach ginn!

Notamment d'Engagement, fir dass deem doten Deel net géif public gemaach ginn, wou ech perséinlech mengen, dass de Contenu relativ anodin ass, vu dass Der och an der Chamberskommissioun op deem Punkt insistéiert hutt: Ech hu kee Problem mat méi Transparenz! An ech wäert dann och deem Text souwuel un de Statsrot wéi un d'CNPD schécken, pour avis. A wann déi Avisen, déi zwee Avisa virleien, da wäerte mer an der Commission juridique eis doriwuer ënnerhalen an och driwuer, wéi eng Suite dass mer deem Text da wäerte ginn.

Ech si mat deem Oupriff no Transparenz also absolut d'accord. Mä Dir dot mech do Engagementer net respektéieren, déi net transparent waren, déi Virgänger am Amt geholl hunn, Här Roth. Dat war net dës Regierung.

Mä dat gesot, Här President, wëll ech der Chamber ausdrécklech Merci soe fir déi wichteg an interessant Diskussiounen. Merci och fir d'Zoustëmmung zu dësem Projet. A mir wäerten déi Diskussiounen sécher kënne weiderféieren am Kader vun deem anere Projet de loi, deem déposéiert ginn ass. Och do si wichteg Froen, déi mussen beäntwert ginn. Merci, Här President, och fir déi Minutt, déi mer zougestane ginn ass.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Mir loosse, wann een eppes ze soen huet, en ëmmer ausschwätzen.

Den Här Urbany huet d'Wuert gefrot. Parole après ministre, ginn ech emol dovun aus.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Jo, Här President, ech wëll net laang d'Wuert huelen. Ech wëll just richtigstellen, wat ech zu der UNO gesot hunn. Ech mengen, dat ass awer wichteg an eiser Debat: Hu mer et hei mat enger Resolutioun vun der UNO ze dinn, déi mer mussen ëmsetzen oder net?

Also ech hunn international Juriste gelies, déi soen: Dat hei ass eng Resolutioun, déi ass innerhalb vum Kapitel VII vun der UNO-Charta geholl ginn. Dat betrëfft Bedrounge fir de Friden, en gros. D'UNO selwer ass awer net kompetent fir d'Strofrecht an den eenzelne Staten. Si schreift awer hei de State Moosname vir, déi se am Strofrecht missten huelen! Dat ass dat, wat bedenklech ass, a wat déi Juriste soe léisst: Et ass guer net sécher, ob iwwerhaapt déi UNO-Resolutioun hei bindend fir eis ass.

Ech mengen, et si jo och eng Rei vu Problemer domat verbonnen. Wat ass dann d'UNO-Definitioun vum Terrorismus, zum Beispill? An déi UNO-Sécherheetsmemberen do, huele mer nëmmen d'USA oder Russland, déi hu komplett verschidden Definitioune vun deem, wat en Terrorist ass, och y compris a Syrien selwer, wou Leit jo sollen higoen, fir sech un terroristeschen Aktiounen ze bedeelegen! Hu Leit dohinner ginn, fir de Kurden zum Beispill ze hëllefen, da si se Terroriste fir d'Kurden (veuillez lire: fir d'Türken). Si se och Terroriste fir eis? Ech weess et net!





Dat sinn esou Froen, déi sech an dësem Kontext awer ganz kloer stellen. Ech fannen einfach, d'UNO hätt sech sollen drëm këmmen, fir eng Léisung erbäizeféieren, an net mat militäresche Mëttelen, vun deem Konflikt a Syrien, fir dass mer net zu där heiter Situatioun komm wären! Ech mengen, dat wär éischter der UNO hir Aufgab gewiescht. Ech hunn näischt géint d'UNO, ech si ganz fir d'UNO an ech si fir d'Stärkung vun de Rechter vun der UNO, mä och am Kader vun hirer eegener Legalitéit.

An ech hunn nach derbäigesot, Här Minister, d'UNO-Resolutioun selwer gesäit net alles vir, wat mir hei draschreiwën. An d'UNO-Resolutioun seet, déi Moossnamen am Strofrecht, déi solle geholl ginn, müsse proportional sinn. An ech soen nach eng kéier: Déi Moossnamen, déi mir hei treffen, wou maximal op all Strofdot, déi hei virgesinn ass, aacht Joer Prisong stinn, sinn net proportional!

► **Une voix.**- Dir fannt se net proportional.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Minister nach eng kéier.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Jo, mä ech sinn duerfir do, fir meng Meenung ze soen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wann ech gelift, wann ech gelift, elo huet just den Här Minister d'Wuert!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Dat iwwerzeegt mech nach ëmmer net, wat den Här Urbany gesot huet. An zum leschte Punkt vun der Proportionalitéit, och dee Virwurf weisen ech ausdrécklech zréck. Deen Text ass proportionéiert. Dir hutt lech vill beruff op den Avis vum viregte Procureur général d'État. Dann huet och zur Kenntnis, dass de Procureur général d'État an deem Avis geschriwwen huet, dass dës Transpositioun, déi mir maachen, „d'une façon fort modérée“ gemaach gëtt! Et ass also sécher net net proportionéiert!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- En huet awer och op d'Risikoen higewisen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. A mir géifen elo direkt zur Ofstëmmung iwwert den Text iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6761 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

58 Jo-Stëmmen, zwou Nee-Stëmmen. Domat ass de Projet mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm (par Mme Nancy Arendt), Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Martine Mergen), Marc Lies (par M. Marcel Oberweis), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marc Spautz), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner (par M. Serge Urbany).

An ech géif d'Chamber froen, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze ginn?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mer ginn zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwer. Dat ass de Projet de loi 6886, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Organisation judiciaire. D'Riedezäit ass nom Basismodell geregelt an d'Wuert huet direkt d'Madamm Loschetter, Rapportrice vum Projet.

## 5. 6886 - Projet de loi portant modification de l'article 77 alinéa 2 de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire

**Rapport de la Commission juridique**

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.**- Merci, Här President. Dëse Projet de loi 6886 mécht eng Modifikatioun am Artikel 77 Alinea 2 vun dem modifizéierte Gesetz vum 7. März 1980 sur l'organisation judiciaire.

Ëm wat geet et an dësem Projet de loi? En ass de 7. Oktober dëst Joer déposiert ginn. De Conseil d'État huet den 10. November säin Avis dozou ginn. D'Commission juridique huet mech den 2. Dezember zur Rapportrice genannt a mir hunn den Avis vum Statsrot an de Rapport den 9. Dezember ugeholl.

Dir gesitt, dat hei ass e Projet, dee ganz séier duerch d'Prozedur vun der Chamber gaangen ass. Et ginn zwou Ursachen dofir. Déi eng ass, et gëtt eng kleng Urgence, et geet näamlech an dësem Projet de loi ëm - wei soll ech dat soen? - d'Équipe dirigeante, d'Direktioun vum SCAS, et geet ëm d'Nominatioun vun der Direktioun vum SCAS. An déi gewëssen Urgence besteet doranner, dass dee Posten elo opsteet a besat muss ginn; an dofir eben dee Projet de loi, dee séier gaangen ass.

An zweetens, firwat en esou séier duerch d'Prozedur gaangen ass: Mä well et eigentlech e ganz einfache Projet de loi ass, näamlech mir änneren de Profil. Dat, wat mir änneren, ass de Profil académique vun der Direktioun vum SCAS. Dee wëlle mer ofänneren. Bis elo war et esou, dass d'Direktioun vum SCAS konnt duerch e Profil académique vun engem Psycholog besat ginn, a mir géifen dat gären ëmänneren, andeem mer soen, dass d'Direktioun vum SCAS misst en Diplôme de fin d'études supérieures universitaires hunn, also nach ëmmer académique, awer entweder an der Psychologie, sou wei et bis elo war, mä och an der Criminologie oder an de Science-socialen.

Dat gesot, kann ech lech nach soen, dass dee Rapport vun dësem Projet de loi d'Unanimité hat an der Commission juridique. An ech ginn domadder och den Accord vun der grénger Fraktioun zur dësem Projet de loi hei an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Madamm Loschetter. Ech hu bis elo just hei stoen, dass eng Rei vu Riedner wëllen den Accord ginn.

Kéint et am Sënn vun der Chamber sinn, dass déi eenzel Fraktiounen den Accord ginn?

**(Assentiment)**

Hält de Minister drop, fir no deem komplette Rapport vun der Madamm Rapporteur nach eppes ze soen?

**(Négation)**

Dat ass net de Fall. Da géif ech lech proposéieren, fir direkt zur Ofstëmmung iwwerzegoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6886 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet 6886 ass unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm (par M. Marcel Oberweis), Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies (par Mme Martine Mergen), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Alex Bodry), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner (par M. Serge Urbany).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

**(Assentiment)**

Majo, da soen ech lech villmools Merci.

Mir géifen dann direkt zum nächste Projet de loi iwwergoen, wou mer eng nach méi einfach Prozedur proposéieren.

## 6. 6922 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques (sans rapport et sans débats)

Et geet ëm de Projet de loi 6922, eng Ofännerung vun der Date de mise en vigueur fir d'Gemengeregëstere, wat d'Gesetz iwwert d'Identifizierung vu physische Persounen ugeet. Déi ursprénglech Mise en vigueur fir d'Gemege war fir den 1. Januar virgesinn, a mir ginn de Gemengen en zousätzlechen Délai.

Op Ufro vun der zoustänneger Kommissioun, dat ass d'Kommissioun vun den Affaires intérieures, a mam unanimen Accord vun der Conférence des Présidents gouf zréckbehalen, dass dëse Projet de loi - also just eng Datumsännerung - konform zum Artikel 73 vun eise Chambersreglement ouni Rapport an ouni Debatten zur Ofstëmmung gestallt sollt ginn.

Wa keen Awand hei an der Chamber géint déi Prozedur ass, géife mer direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Ass dat esou richtig?

**(Assentiment)**

Majo, da géife mer zur Ofstëmmung iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6922 et dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet 6922 ass eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies (par M. Marcel Oberweis), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Mergen), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner (par M. Serge Urbany).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kéinten direkt zum nächste Projet de loi iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6878, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Responsabilitéiten am Beräich vun der Ëmwelt. Och hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Gérard Anzia. Här Anzia, Dir hutt d'Wuert.

## 7. 6878 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 avril 2009 relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux

**Rapport de la Commission de l'Environnement**

► **M. Gérard Anzia (déi gréng), rapporteur.**- Merci fir d'Wuert, Här President. Léif Kollegen - a Kollegen, et geet hei ëm e Projet de loi betreffend d'Haftung am Ëmweltberäich. Et geet drëm, e Gesetz ofzeänneren: d'Loi modifiée vum 20. Abrëll 2009. Den Dépôt vum Projet ass gemaach ginn den 11. September dëst Joer. De Conseil d'État huet säin Avis den 10.

November ofginn, d'Chambre des Salariés hiren de 15. September. Mir hunn den 28. Oktober an der Ëmweltkommissioun mech selwer als Rapporteur nominéiert. Mir hunn de Projet ënnersicht an der Reunioun vum 26. November dëst Joer an de Rapport, deem ass den 2. Dezember ugeholl ginn.

En gros geet et an deem Gesetz vum 20. Abrëll 2009 ëm de Principe vum Pollueur-payeur. An et geet an dësem spezifische Punkt, wou mer wëllen eng Modifikatioun erabréngen, u sech ëm d'Ëmsetzung an déi national Gesetzgebung vun enger Direktiv um europäesche Plang, also vun der Direktiv 2013/30.

Ëm wat geet et an där Direktiv? Ma et geet ëm d'Sécherheet bei den Operatiounen am Pétrols-an am Gasberäich um Mier, an déi hu mer nëmmen zum Deel ëmgesat am Règlement grand-ducal vum 8. Januar 2015.

No der COP21 sinn ech awer ganz hoffnungsvoll, dass de Littorall sech esou bal net wäert op d'Areler Grenz hei verschiben a mir also net direkt beträff wäerte si vun den Operatiounen, déi hei beschwat ginn. Trotzdeem geet et drëm, eis Gesetzgebung ze ergänzen. An zwar geet et drëm, den Artikel 38 vun der virge-nannter Direktiv u sech an eis Gesetzgebung opzehuelen. An et geet méi genau ëm d'Notioun vun den „dommages à l'eau“.

Wa mer also eng kéier kucken am Gesetz vum 2009, do sinn am Artikel 2 ënnert den Definitionen u sech d'Dommage-environmentalen opgefouert. Do geet et eng kéier ëm „espèces et habitats naturels“, et geet ëm d'Waasser an et geet ëm de Buedem. A grad dee Punkt zum Waasser, do hu mer eis beruff op eist Waassergesetz, mir hunn eis beruff op eist Naturschutzgesetz, an do hu mer natierlech d'Mier ausgeklammert gehat, well mer dat an deene Gesetzter net behandelen.

Dofir kënt hei an dësem Projet de loi just eng kleng Annerung an deem virgenannten Artikel 2 ënner Punkt 1. b) zum Waasser, wou mer géifen eben och dann den „état écologique des eaux marines“ mat eranhuelen, an dat wier u sech dat, wat mer hei sollten haut stëmmen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Anzia. An ech froen dann emol, ob Wuertmeldungen do sinn, déi iwwert den Accord géifen erausgoen. Ah, den Här Kartheiser! Jo, wann ech gelift, Dir sidd deen Eenzege, deen den Aarm gehewen huet.

**Discussion générale**

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- An deem Fall, Här President, soen ech lech villmools Merci, fir mer d'Wuert ze ginn. Et sinn an dësem Kontext awer eng ganz Rei Froen ze stellen, déi d'Prozedur ugin. Déi ass näamlech méi interessant, wei et elo an engem Rapport sech weist, deen de Fong gutt behandelt huet a fir deen ech och ausdrécklech Merci soen, mä wat d'Prozedur ugeet, stelle sech awer eng ganz Rei Froen.

Fir d'Éischt ass emol feststellen, dass hei eng Direktiv vum Joer 2013 iwwer e Règlement grand-ducal ëmgesat gouf. Dat huet eis interpelléiert, well wien e Règlement grand-ducal hält, dee geet wäitgeënd laanscht d'Chamber. An et ass also eng Fro a mir hunn dat och elo haut als Question parlementaire eragereecht, fir emol ze wëssen, wei eng Direktiven iwwer Règlement grand-ducal ëmgesat gi sinn a wei d'Kritäre vun der Regierung sinn, fir ze décidéieren, wat iwwer e Gesetz ëmgesat gëtt a wat iwwer Règlement grand-ducal.

Déi zweet Fro, déi mir eis gestallt hunn, wei mer dat hei gekuckt hunn, dat ass, dass déi Direktiv, déi jo vum Conseil a vum Europaparlament ugeholl gouf, nëmmen eng eenzeg Ausnam virgesinn huet, oder nëmme virgeschriwwen huet, dass een eenzege Artikel vun deene State soll ëmgesat ginn, déi selwer kee Mier hunn, wat jo eise Fall ass. An dat hu mir och gemaach. An duerno, an dat ass deen interessante Punkt, schreift d'Europäesch Kommissioun - also weder de Conseil nach d'Europaparlament! - eng einfach Nott, sou steet et an dem Exposé des motifs, eng Nott vun der Europäescher Kommissioun, no där d'Kommissioun mengt, dass och nach e weideren Artikel misst ëmgesat ginn.

Do stelle mir eis d'Fro: Ass dat dann eng kéier am Conseil oder vum Europaparlament, déi jo awer déi Direktiv zesummen décidéiert hunn, ass dat dann iergendwéini eng kéier do décidéiert ginn? Oder kann ewell d'Europäesch Kommissioun fir sech décidéieren, dass eng Direktiv muss geännert ginn, an dann einfach eng Nott - dat ass net spezifiéiert, ënner wei enger Form déi gewiescht ass - un d'Memberstate schreiwën, fir dass déi dann hir Legislatioun mussen änneren?

Wat ass do d'gesetzlech Basis? Well déi Direktiv, déi hu mer jo esou ëmgesat, wei se virgesi war, inklusiv déi Dispositioun vum Artikel 41, dass